
Administration communale
de Reckange-sur-Mess




N°2 :: 2020

Gemengebuet

# Reckeng op der Mess

:: www.reckange.lu

RECKENG OP DER MESS :: PIISSENG :: LAMPECH :: EILENG :: RIEDGEN :: WICKRENG

# Impressum

**Editeur responsable:**
Administration Communale de Reckange-sur-Mess

ISSN 2418-442X

**Mise en page et textes:**
Julien Primout

**Rapports des séances du conseil communal:**
Savas Koroglanoglou, Julien Primout

**Photos:**
Tim Drauth, Jean-Marc Liacy, Jenny Mannes, Savas Koroglanoglou, Julien Primout, Germain Thomas, Christian Tolksdorf

**Cover Artists:**
Eva & Mauro Gammaitoni de Ehlange-sur-Mess

**Photo de couverture:**

**Réalisation:**
Reka Print +
2a, Zare Ilot-Est
L-4385 Ehlerange
tél.: 48 26 36-1
www.reka.lu

Imprimé sur du papier Circle offset recyclé

myclimate neutral Imprimé 01-14-561533 myclimate.org

RECYCLÉ Papier fait à partir de matériaux recyclés FSC® C004990 FSC www.fsc.org

## Kennen Sie schon / *Connaissez-vous*

## SMS2CITIZEN ?

*Um unseren Einwohnern dringende und wichtige Informationen zu übermitteln, hat die Gemeinde Reckingen/Mess* **SMS2CITIZEN** *eingeführt. In Notfällen (z.B. Wasserabschaltung, Straßensperren) kann die Gemeinde so ihre Einwohner unverzüglich per SMS erreichen und informieren.* **Melden Sie sich jetzt an:** *www.reckange.lu/mediatheque?media=88, oder telefonisch: 37 00 24 - 26.*

*Pour pouvoir transmettre des informations urgentes et importantes à ses habitants, la commune de Reckange-sur-Mess a instauré* **SMS2CITIZEN***. Ainsi, en cas d'urgence (coupure d'eau, route barrée, etc.), la commune pourra avertir sans retard les habitants concernés par SMS.* **Inscrivez-vous dès maintenant:** *www.reckange.lu/mediatheque?media=88 ou par téléphone au 37 00 24 - 26.*

# Index


| | |
|---|---|
| ***4*** | Virwuert vum Här Buergermeeschter |
| ***5*** | Préface de Monsieur le Bourgmestre |
| ***6*** | Annuaire |
| ***7-9*** | Rapport de la séance du conseil communal du 19 décembre 2019 |
| ***10-12*** | Rapport vun der Sëtzung vum Gemengerot vum 19. Dezember 2019 |
| ***13-14*** | Rapport de la séance du conseil communal du 6 février 2020 |
| ***15-16*** | Rapport vun der Sëtzung vum Gemengerot vum 6. Februar 2020 |
| ***17-19*** | Rapport de la séance du conseil communal du 26 mars 2020 |
| ***20-23*** | Rapport vun der Sëtzung vum Gemengerot vum 26. Mäerz 2020 |
| ***24*** | D'Jugendhaus Reckeng |
| ***25*** | Analyse d'eau potable |
| ***26*** | Dohigekuckt / *coup d'oeil* |
| ***27*** | Auditioune vun der UGDA / *Auditions UGDA* |
| ***28*** | Rockin' Mess goes local |
| ***29-31*** | Réunion commune des commissions consultatives |
| ***32*** | Campagne de sensibilisation des automobilistes à Dippach-Gare |
| ***33*** | Les installations informatiques de l'école fondamentale de Reckange |
| ***34-35*** | Avis officiels |
| ***35*** | Bräucht dir en neie biometresche Pass? /<br>*Besoin d'un nouveau passeport biométrique?* |
| ***36*** | État civil |
| ***37*** | Formulaire: Engagement d'étudiant(e)s pendant les vacances d'été ✂ |
| ***39*** | Manifestatiounskalenner / *Calendrier des manifestations* * |


* Wéint der aktueller Krisesituatioun kann d'Gemeng Reckeng op der Mess keng Garantie dofir ginn, dass dës Manifestatioune bestoë bleiwen. Mir bieden ëm ärt Versteessdemech. /
*Dû à la situation de crise actuelle, l'administration communale de Reckange-sur-Mess ne peut donner aucune garantie quant au maintien de ces manifestations. Nous vous remercions pour votre compréhension.*

# Léif Matbiergerinnen a Matbierger



Wien vun eis hätt geduecht, dass d'Joer 2020 mat esou enger Kris ufänke géing, wéi mir si elo erliewen? Et kennt engem vir wéi wann d'Welt stoe bliwwe wär, zumindest wat grouss Deeler vun deem, wat mir als normal empfannen, ubelaangt. D'Schoule sinn zou, d'Crèchen, déi meescht Geschäfter, all Bistroen a Restauranten, also alleguer déi Plaze wou déi sozial Kontakter tëschent de Mënsche stattfannen. Och all d'Organisatiounen an der Gemeng, esouwuel um kulturelle wéi um sportleche Plang hu mir missten ofsoen, respektiv op spéider verleeën.

An och déi meeschte Leit kënnen net méi wéi gewinnt schaffe goen, déi eng halen hire Betrib mat Télétravail um funktionéieren, anerer mussen op de Congé social zeréckgräife fir sech ëm hir Kanner ze bekëmmeren – an dobäi och nach déi schwéier Aufgab meeschteren doheem - esou gutt ewéi et geet - de Kanner d'Schoul ze ersetzen. Anerer mussen an de Chômage partiel oder esou guer e Krankeschäin huele well se zum Krees vun de vulnerabele Persoune gehéieren.

Och an der Administratioun vun äiser Gemeng, grad ewéi beim Service technique dréint alles méi lues. Engersäits däerf en Deel vun den Aarbechten net méi gemaach ginn, an anerersäits mussen déi elementar Servicer weider garantéiert ginn. Virun allem muss d'Gesondheet vun de Mataarbechter, genee ewéi déi vun den Awunner am Mëttelpunkt stoen. Dofir hu mir och ganz séier déi néideg Mesuren ergraff. De gréissten Deel vun äisem administrative Personal ka vun doheem aus schaffen, d'Connectioun vun hire Computeren un d'Gemengeserveren erméiglecht hinnen den Zougrëff op hir Dossieren. Selbstverständlech ass eng physesch Präsenz vun engem Minimum vu Mataarbechter awer néideg, déi op Rendezvous d'Bierger op der Gemeng fir dringend Demarchen empfänken. Video- an Telefonskonferenzen tëschent Politik an Administratioun hëllefen eis, déi alldeeglech Aufgaben esou gutt ewéi méiglech ze erleedegen.

Mir probéieren äis Matbierger esou gutt et geet iwwert all Demarchen, déi mir op d'Bee setzen, z'informéieren. Net jiddereen huet Zougang zu Internet oder Facebook, esou dass mir och wann et néideg ass op en „Toutes-boîtes » zeréckgräifen. Hei informéiere mir äis Bierger iwwert nëtzlech Adressen an Telefonsnummeren, awer och iwwert äisen Akaafsservice, deen op fräiwëlleger Basis vun äisem Gemengepersonal organiséiert gëtt. Dofir deene Benevollen och vun dëser Plaz aus e grousse Merci. Och wann et dobaussen ausgesäit ewéi wann d'Liewen eng Paus maache géing, kann ech iech versécheren, dass grad an dësen Zäite verschidde Mataarbechter méi ewéi 100% ginn fir de Betrib um Lafen ze halen!

Ganz wichteg ass, dass mir eis an dësen Zäiten net sozial isoléieren. An do ka jidderee mathëllefen. En Deel vun eis sicht de Kontakt mat Frënn a Famill iwwert déi sozial Medien ewéi Facebook, Skype, WhatsApp, Zoom, Houseparty asw., awer och äise gudden alen Telefon ass nees gefrot. Zéckt net är Frënn a Bekannter unzeruffe fir nozefroe wéi et hinne geet an hinnen, wann néideg, är Hëllef unzebidden. Grad an dësen Zäiten ass et wichteg zesummenzehalen, pragmatesch Léisunge bei Problemer ze sichen a kee vun äise Matbierger eleng zu loossen.

An der Gemeng hu mir eng Lëscht mat allméiglechen Informatiounen, mat där mir de Bierger an Nout hëllefe kennen. Zéckt net um 37 00 24 - 1 unzeruffen. Mir wäerten alles maache fir iech ze hëllefen.

Ech wënschen iech virun allem, dass dir vum Virus verschount bleift, an esou gutt ewéi méiglech duerch dës Zäit kommt. Haalt iech un d'Recommandatiounen a Consigne vun der Santé, och wann et heiansdo schwéier fält. Nëmme wa mir alleguer zesummenhalen an een op deen aneren oppasse komme mir gutt derduerch. Et waarden och nees besser Zäiten op eis. Bis dohin: Bleift gesond!

Carlo Muller
Buergermeeschter

# Chères citoyennes, chers citoyens

Qui d'entre nous aurait cru commencer l'année 2020 par une crise telle que nous la vivons en ce moment? C'est comme si la planète s'était arrêtée de tourner et cela concerne une grande partie de tout ce que nous considérons comme normal. Les écoles, les crèches et la plupart des magasins sont fermées, tout comme tous les bistrots et restaurants, donc tous les endroits où nous entretenons nos contacts sociaux. Toutes les manifestations communales, culturelles et sportives ont dû être annulées ou reportées.

La plupart des gens ne peut plus travailler selon ses habitudes, les uns gardent leur entreprise à flot par le biais du télétravail, d'autres doivent se recroqueviller sur le congé social pour pouvoir s'occuper de leurs enfants à la maison et s'affairer à la lourde tâche de remplacer l'école tant bien que mal. Encore d'autres se retrouvent au chômage partiel ou en arrêt maladie, faisant partie du cercle des personnes vulnérables.

Idem à l'administration communale et au service technique: tout semble tourner au ralenti. D'une part, certains travaux n'ont plus le droit d'être effectués, d'autre part, les services élémentaires doivent être garantis. Mais avant tout, la santé de nos collaborateurs et de nos concitoyens doit se trouver au centre de nos préoccupations. C'est pour cela que nous avons rapidement adopté les mesures nécessaires: une grande partie de notre personnel administratif a recours au télétravail, la connexion de leurs ordinateurs aux serveurs communaux permet un accès rapide aux dossiers nécessaires. Il va de soi que nous assurons une présence physique avec un minimum de collaborateurs au sein de la maison communale. Cela permet de fixer des rendez-vous avec les citoyens en cas d'urgence. Des conférences téléphoniques et vidéo entre élus politiques et administration permettent de couvrir au mieux les tâches quotidiennes.

Le mieux possible, nous essayons de vous tenir au courant de toutes les démarches que nous mettons en place. L'accès à internet et Facebook n'est pas à la portée de tous, nous n'hésitons donc pas à diffuser non informations par des distributions toutes-boîtes. Nous communiquons des numéros de téléphone importants et toutes les informations concernant notre service de livraison à domicile de petites courses. Ce service est organisé de manière bénévole par le personnel communal. Voilà pourquoi je désire leur adresser toute ma reconnaissance. Même si de l'extérieur, il semble que la vie quotidienne fasse une pause, je peux vous garantir que par les temps qui courent, certains collaborateurs se donnent à 100% pour garantir un fonctionnement normal des services communaux.

Désormais, il est important de ne pas s'isoler socialement. Chacun peut y contribuer. Certaines personnes recherchent le contact avec les amis et la famille par Facebook, Skype, WhatsApp, Zoom ou encore Housepary. Mais aussi, notre bon vieux téléphone est à nouveau sollicité. Il est important de se soutenir mutuellement, en cette période de crise plus que jamais. N'hésitez pas à appeler vos amis et proches pour demander de leurs nouvelles et le cas échéant, leur proposer votre aide. Trouvons des solutions pragmatiques pour que personne ne se sente abandonné.

Nous avons constitué une liste pleine d'informations utiles avec laquelle nous pouvons vous venir en aide. Appelez le 37 00 24 - 1 sans hésiter, nous allons tout faire pour vous aider.

Avant tout, je vous souhaite d'être épargné par le virus et de vous en sortir indemne. Respectez les recommandations et les consignes du Gouvernement, même si cela paraît difficile par moments. C'est en se soutenant les uns les autres que nous sommes le plus fort. Des temps meilleurs nous attendent au bout du tunnel. Jusque là: restez en bonne santé!

Carlo Muller
bourgmestre

# Annuaire

**Heures d'ouverture de l'administration communale**

Lundi à mercredi et vendredi:
8.30 à 11.30 et 14.00 à 16.30
Jeudi: 7.00 à 11.30 et 14.00 à 19.00

**Gemeng Reckeng op der Mess**

83, rue Jean-Pierre Hilger
4980 Reckange-sur-Mess
Téléphone: 37 00 24 - 1
Fax: 37 92 20
E-Mail: commune@reckange.lu

## Collège des bourgmestre et échevins

| | | | | |
|---|---|---|---|---|
| | Carlo MULLER | bourgmestre | 621 29 91 90 | camuller@pt.lu |
| | Robert LECLERC | 1er échevin | 621 18 03 21 | robert.leclerc@reckange.lu |
| | Christian TOLKSDORF | 2e échevin | 691 30 06 76 | christian.tolksdorf@reckange.lu |

## Conseil communal

| | | | | |
|---|---|---|---|---|
| | Dominique DA COSTA | conseiller communal | | dominique.dacosta@reckange.lu |
| | Lucien FRANCK | conseiller communal | | franckl@pt.lu |
| | Sonja HEYARD-RIES | conseiller communal | | sonja.heyard@reckange.lu |
| | Marc LUDWIG | conseiller communal | 621 41 91 26 | marc.ludwig@reckange.lu |
| | Esther SCHORTGEN | conseiller communal | | esther.schortgen@reckange.lu |
| | Nicole THORN | conseiller communal | | nicole.thorn@reckange.lu |

## Services communaux

| | | | | |
|---|---|---|---|---|
| **Réception/Population** | James THOMES | | 37 00 24 - 51 | james.thomes@reckange.lu |
| | Fabienne DEL DEGAN | | 37 00 24 - 9 | fabienne.deldegan@reckange.lu |
| | Tim DRAUTH | | 37 00 24 - 1 | tim.drauth@reckange.lu |
| **Facturation** | Nathalie HENSEN | | 37 00 24 - 23 | nathalie.hensen@reckange.lu |
| **Secrétariat communal** | Savas KOROGLANOGLOU | | 37 00 24 - 20 | savas.koroglanoglou@reckange.lu |
| **Etat civil / Ressources humaines** | Jenny MANNES | | 37 00 24 - 22 | jenny.mannes@reckange.lu |
| **Receveur communal** | Véronique GOBERT | | 37 00 24 - 30 | veronique.gobert@reckange.lu |
| **Relations publiques** | Julien PRIMOUT | | 37 00 24 - 26 | julien.primout@reckange.lu |
| **Service technique** | Serge VERMEULEN | | 37 00 24 - 48 | serge.vermeulen@reckange.lu |
| | Magali JACOB | | 37 00 24 - 40 | magali.jacob@reckange.lu |
| | Nicole KREIS | | 37 00 24 - 49 | nicole.kreis@reckange.lu |
| | Gilles SCHODER | | 37 00 24 - 42 | gilles.schoder@reckange.lu |
| **Atelier communal** | Claude BOURKEL | | 26 37 09 45 | claude.bourkel@reckange.lu |
| | | | 37 13 45 | atelier@reckange.lu |
| | | | | |
| **Service d'incendie** | Luc THINNES | chef de corps | 55 44 05 - 1 | thinnes.luc@cismr.lu |
| | | | | |
| | Permanence (décès) | | 621 20 93 11 | (samedi de 9.00 - 12.00) |
| | Permanence technique | | 621 37 00 24 | (24h/24h) |
| | Garde Forestier | Alain SCHOMER | 621 20 21 52 | |
| | Curé | Paul MULLER | 95 80 49 | |
| | Office Social Commun | Christian WEIS | 26 11 37 25 | (8.00 - 10.00) |
| | Hexemeeschter | | 26 37 05 76 | |
| | Stëftung Hëllef Doheem | | 40 20 80 | |
| | Police Porte du Sud | | 244 57 1000 | |
| | Police Esch-sur-Alzette | | 244 50 1000 | |
| | Police | | 113 | |
| | Pompiers/Ambulance | | 112 | |

## Séance du conseil communal du 19 décembre 2019

**Présents:** Carlo Muller (bourgmestre), Robert Leclerc, Christian Tolksdorf (échevins), Dominique Da Costa, Lucien Franck, Marc Ludwig, Esther Schortgen, Nicole Thorn (conseillers), Savas Koroglanoglou (secrétaire communal)

**Excusée:** Sonja Heyard (conseiller)

**1. Informations du collège échevinal**

- Le 19 novembre 2019 a eu lieu une réunion d'information au Centre de Rencontre Um Buer à Ehlange entre le conseil communal, la commission écologique et l'équipe climat au sujet du cadastre thermographique. Dans un souci d'économie d'énergie supplémentaire, nous sommes actuellement à la recherche de gens se portant volontaires pour l'utilisation d'un thermomètre permettant d'identifier des pertes d'énergie de leur maison. Nous avons à notre disposition une vingtaine de thermomètres à distribuer parmi les habitants de la commune. Dès que la météo le permettra cet hiver, un avion survolant le sud du pays détectera ces thermomètres, qui permettront de calibrer les installations informatiques et caméras thermiques à l'intérieur de l'avion. Chaque citoyen pourra donc s'informer sur sa propre perte d'énergie et, le cas échéant, avoir recours à des solutions avec l'aide d'un conseiller énergétique.
- Le 20 novembre 2019, nous avons remis notre collecte de vêtements d'hiver à la « Stëmm vun der Strooss ». Nous exprimons notre gratitude envers tous nos concitoyens ayant répondu à l'appel et envers Madame Nicole Kreis du service technique de la commune, ayant piloté ce projet.
- Le 4 décembre 2019, le collège échevinal s'est entretenu avec Monsieur Marc Ludwig, en sa qualité de président de la commission de la mobilité, afin de trouver des solutions aux divers problèmes de circulation dans la commune. Le collège échevinal encourage les autres présidents des commissions aux mêmes échanges.
- Le 28 novembre 2019 a eu lieu une réunion de travail autour du projet de la nouvelle maison relais, qui a été présenté par le chef du service technique, Monsieur Serge Vermeulen.
- Le 4 et 5 décembre 2019 ont eu lieu des réunions de travail afin de modifier, ficeler et mettre en place le budget communal 2020.
- À vos calendriers :
  - Le 11 janvier 2020 aura lieu la fête du personnel de la commune au centre culturel Pëtzenhaus.
  - Le 6 février 2020 aura lieu la prochaine séance publique du conseil communal.
  - Le 13 février 2020 aura lieu la réunion commune des commissions consultatives au Centre de Rencontre Um Buer à Ehlange.

**2. Approbation du rapport de la dernière séance du conseil communal**

Le conseil communal approuve à l'unanimité le rapport de la dernière séance du conseil communal.

**3. Construction d'un nouveau collecteur d'eaux usées entre Reckange-sur-Mess et Pontpierre – Approbation des plans et devis**

Le conseil communal approuve à l'unanimité les plans et devis relatifs à la construction d'un nouveau collecteur d'eaux usées entre Reckange-sur-Mess et Pontpierre. Actuellement, les communes de Reckange-sur-Mess et Dippach sont raccordées à la station d'épuration de Reckange/Dippach (SERD), située à Reckange-sur-Mess. Étant donné que la station d'épuration est arrivée en fin de vie et qu'une extension de la station existante est difficilement réalisable, il a été décidé de raccorder les eaux usées à la station d'épuration du SIVEC à Schifflange par la construction d'un nouveau collecteur. Le devis établi prévoit des travaux et fournitures pour un montant total de 5.250.000.- €.

**4. Construction d'un nouveau collecteur d'eaux usées entre Reckange-sur-Mess et Pontpierre – Approbation d'une convention**

Le conseil communal approuve à l'unanimité la convention entre les communes de Reckange-surMess et Dippach relative à la construction d'un nouveau collecteur d'eaux usées entre ces deux communes. Suite à la suppression de la station d'épuration à Reckange-sur- Mess et en vue de raccorder les communes de Reckange-sur-Mess et Dippach a la station du SIVEC à Schifflange, il a été retenu d'évacuer les eaux usées via un nouveau collecteur à construire sur le territoire de la commune de Reckange-sur-Mess. La commune de Reckange-surMess est le maître d'ouvrage chargé de l'élaboration du dossier, de l'avant-projet détaillé, des soumissions y relatives, de la supervision de la direction des travaux lors de l'exécution du projet et ceci pour le compte et en concertation avec la commune de Dippach. La clé de répartition des coûts se présente comme suit: 70% pour la commune de Dippach et 30% pour la commune de Reckange-sur-Mess.

5. **Construction d'une nouvelle Maison Relais a Reckange-sur-Mess - Approbation des plans et devis:** Le conseil communal approuve à l'unanimité les plans et devis relatifs à la Construction d'une nouvelle Maison Relais a Reckange-sur-Mess. Compte tenu de l'évolution démographique de la commune de Reckange-sur-Mess, la structure actuelle École-Maison Relais sa capacité d'accueil maximum. La commune de Reckange-sur-Mess se propose de construire une nouvelle Maison Relais sur le site à proximité du bâtiment bleu de l'école fondamentale Kleesenberg. Le devis prévoit des travaux et fournitures pour un montant total de 11.851.646,43.- €.

6. **Fixation nouvelle des taxes pour les nuits blanches** Le conseil communal approuve à l'unanimité la nouvelle fixation des taxes pour les nuits blanches. En date du 14 novembre 2002, le conseil communal a fixé la taxe à payer pour les autorisations à déroger des heures de fermeture normales des débits de boissons à 20.- € par nuit blanche. Considérant que depuis lors aucune adaptation de la taxe n'a été entamée, le collège échevinal propose de fixer la taxe à 60.- € par autorisation de prorogation des heures d'ouverture des débits de boissons, tout en accordant deux autorisations gratuites de la sorte par année aux associations de la commune de Reckange-sur-Mess dont les statuts ont été déposés à la maison communale.

7. **Fixation des nuits blanches pour l'année 2020** Le conseil communal approuve à l'unanimité de proroger les heures d'ouverture jusqu'à 3 heures du matin de tous les débits de boisson de la commune pour la période du 1er janvier au 31 décembre 2020 pendant les nuits du:
   - **a) Reckange, Roedgen et Pissange:** Du samedi 25 avril 2020 au dimanche 26 avril 2020 (kermesse)
   - **b) Ehlange:** Du samedi 25 mai 2020 au dimanche 26 mai 2020 (kermesse)
   - **c) Limpach:** Du samedi 15 août 2020 au dimanche 16 août 2020 (kermesse)
   - **d) pour toute la commune:** Samedi, le 22 février 2020 au dimanche, le 23 février 2020 (carnaval)
     Jeudi, le 30 avril 2020 au vendredi, le 1er mai 2020 (Fête du Travail)
     Samedi, le 9 mai 2020 au dimanche, le 10 mai 2020 (Journée de l'Europe)
     Lundi, le 22 juin 2020 au mardi, le 23 juin 2020 (Veille de la Fête Nationale)
     Jeudi, le 31 décembre 2020 au vendredi, le 1er janvier 2021 (St. Sylvestre)

8. **Installation et exploitation d'un distributeur de produits de boulangerie** Le conseil communal approuve à 5 voix contre une et deux abstentions la convention entre la commune de Reckange-sur-Mess et la société PAKT S.A. portant sur !'installation et l'exploitation d'un distributeur de produits de boulangerie, qui sera installé sur le parking en face du cimetière à Reckange-sur-Mess. À cet effet, un contrat d'occupation du domaine public a été signé entre les deux parties.

9. **Approbation d'un acte d'échange notarié** Dans le cadre d'une régularisation des emprises dans la rue des Trois Cantons et la rue du Bois à Wickrange, le conseil communal approuve à l'unanimité un acte d'échange dans lequel la commun acquiert une parcelle située rue des Trois Cantons et cède en contrepartie deux terrains à Wickrange.

10. **Approbation du plan de gestion annuel de l'exercice 2020** Le conseil communal approuve à l'unanimité le plan de gestion annuel de l'exercice 2020, se caractérisant par les chiffres suivants:

| | Investissements (en €) | | | Revenus (en €) | | |
|---|---|---|---|---|---|---|
| | Salaires | Factures | Total | Subsides | Recettes | Total |
| Gestion durable des forêts | 16.200 | 4.000 | 20.200 | | 1.300 | 1.300 |
| Protection de la nature | 1.000 | | 1.000 | | | |
| Sensiblisation | 1.000 | 3.000 | 4.000 | | | |
| Ressources cynégétiques | | | | | 2.000 | 2.000 |
| Surveillance et police | | | 0 | | | 0 |
| Logistique et personnel | 6.500 | 5.000 | 11.500 | | | |
| Grand Total | 24.700 | 12,000 | 36.700 | | 3.300 | 3.300 |

11. **Enseignement musical - approbation de l'organisation scolaire 2019/2020 rectifiée et de l'avenant à la convention** Le conseil communal approuve à l'unanimité l'avenant à convention duquel il résulte que les frais à l'organisation des cours de musique pour l'année scolaire 2019/2020 sont portés de 159.937,16.- € à 140.272,83.- €. De même, le conseil communal approuve l'organisation scolaire rectifiée de l'année scolaire 2019/2020 proposée par l'UGDA

12. **Allocation d'un subside extraordinaire à l'a.s.b.l. Reckenger Musek** Le conseil communal approuve à l'unanimité l'allocation d'un subside extraordinaire de 3.000.- €, qui


permettra de financer des activités favorisant le jeu d'ensemble des jeunes musiciens, activités organisées depuis la rentrée scolaire 2014/2015.

**13. Cimetières de la commune de Reckange-sur-Mess - approbation de contrats de concession perpétuelle**
Le conseil communal approuve à l'unanimité les contrats de concession perpétuelle des cimetières de la commune de Reckange-sur-Mess.

**14. Budget rectifie de l'exercice 2019**
Le conseil communal approuve à l'unanimité le budget rectifié de l'exercice 2019. Nous vous invitons à vous référer à l'édition spéciale du bulletin communal parue en janvier 2020 portant sur le budget communal 2020 pour de plus amples informations.

**15. Budget de l'exercice 2020**
Le conseil communal approuve à l'unanimité le budget de l'exercice 2020. Nous vous invitons à vous référer à l'édition spéciale du bulletin communal parue en janvier 2020 portant sur le budget communal 2020 pour de plus amples informations.

**16. Divers**
En fin de réunion, les conseillers communaux sont revenus sur divers sujets couverts lors des points précédents et lors de conseils communaux précédents, notamment sur le temps d'attente devant la barrière ferroviaire de Dippach-Gare.




myenergy
Luxembourg

## Chargez votre voiture électrique à domicile !

L'installation d'une borne de charge domestique réduit considérablement le temps de charge et permet une charge sécurisée et intelligente.

- Il est recommandé d'installer une borne de charge murale d'une puissance pouvant aller jusqu'à 11 kW.
- À partir d'une puissance de 7 kW, une connexion à votre compteur intelligent est obligatoire.
- Confiez le contrôle de l'installation électrique du bâtiment et la mise en place de la borne à un électricien qualifié !

**En chargeant votre voiture électrique pendant la journée, vous pourrez profiter de l'électricité produite par vos panneaux photovoltaïques !**



8002 11 90

myenergy.lu

Co-funded by the European Union

Partenaire pour une transition énergétique durable

LE GOUVERNEMENT DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG Ministère de l'Énergie et de l'Aménagement du territoire

LE GOUVERNEMENT DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG Ministère de l'Environnement, du Climat et du Développement durable

LE GOUVERNEMENT DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG Ministère du Logement

## Sëtzung vum Gemengerot vum 19. Dezember 2019

**Uwiesend:** Carlo Muller (Buergermeeschter), Robert Leclerc, Christian Tolksdorf (Schäffen), Dominique Da Costa, Lucien Franck, Marc Ludwig, Esther Schortgen, Nicole Thorn (Conseilleren), Savas Koroglanoglou (Gemengesekretär)

**Entschëllegt:** Sonja Heyard (Conseiller)

**1. Informatiounen un de Schäfferot**

- Den 19. November 2019 huet am Centre de Rencontre Um Buer zu Éileng eng Informatiounsversammlung tëschent dem Gemengerot, der Ëmweltkommissioun an dem Klimateam zum Thema thermografesche Kadaster stattfonnt. Als weider Energiespuermoossnam si mir momentan op der Sich no fräiwëllege Leit déi bei sech doheem en Thermometer installéiere wéilten, deen innerhalb vum Haus Energieverloschter identifizéiert. Mir hunn dofir eng zwanzeg Thermometer zur Verfügung, déi mir ënnert den Awunner vun der Gemeng verdeele kënnen. Soubal d'Meteo et dëse Wanter zouléisst, wäert e Fliger de Süde vum Land iwwerfléien, deen dës Thermometer détectéiert. Sou kënnen déi informatesch Installatiounen an thermesch Kameraen am Fliger kalibréiert ginn, an all Matbierger wäert sech duerno iwwert eventuell Energieverloschter a sengem Doheem informéiere kënnen. An deem Fall stinn eise Matbierger Klimaberoder zur Verfügung, mat deenen zesumme Léisunge kënne gesicht ginn.
- Den 20. November 2019 konnte mir der Stëmm vun der Strooss 28 Kartongen a 4 Valise voll mat Wanterkleeder an Accessoiren, déi vun eise Matbierger gespent goufen, iwwerreechen. Mir bedanken eis häerzlech bei all eisen Awunner, déi un der Aktioun deelgeholl hunn, a bei der Madamm Nicole Kreis aus dem Service Technique, déi dëse Projet geleet huet.
- De 4. Dezember 2019 huet sech de Schäfferot mam Här Marc Ludwig a senger Qualitéit als President vun der Mobilitéitskommissioun, ënnerhal fir Léisungen ze fannen zu den diverse Verkéiersproblemer an der Gemeng ze fannen. De Schäfferot encouragéiert déi aner Kommissiounspresidenten zum selwechten Dialog.
- Den 28. November 2019 huet eng Aarbechtssëtzung zum Thema Bau vun der neier Maison Relais mam Här Serge Vermeulen, Chef vum Service Technique, stattfonnt.
- De 4. A 5. Dezember 2020 hunn zwou Reunioune stattfonnt fir de Gemengebudget 2020 unzepassen, ze verpaken an ofzeschléissen.
- Zu äre Kalenner:
  - Den 11. Januar 2020 fënnt d'Gemengepersonalfeier am Centre Culturel Pëtzenhaus statt.
  - De 6. Februar 2020 fënnt déi nächst ëffentlech Gemengerotssëtzung statt.
  - Den 13. Februar 2020 fënnt déi gemeinsam Reunioun vun de Kommissiounen am Centre de Rencontre Um Buer zu Éileng statt.

**2. Geneemegung vum Rapport vun der leschter Gemengerotssëtzung**

De Gemengerot geneemegt eestëmmeg de Rapport vun der leschter Gemengerotssëtzung

**3. Bau vun engem neien Ofwaasserbaséng tëschent Reckeng op der Mess a Steebrécken – Geneemegung vu Pläng an Devisen**

De Gemengerot geneemegt eestëmmeg d'Pläng an den Devis bezüglech dem Bau vun engem neien Ofwaasserbaséng tëschent Reckeng op der Mess a Steebrécken. Zu dësem Zäitpunkt sinn d'Gemenge Reckeng op der Mess an Dippech un d'Kläranlag vu Reckeng/Dippech (SERD), déi zu Reckeng steet, ugebonnen. Dës Kläranlag huet hir Maximalkapazitéit erreecht a well et sech als extrem komplizéiert erausstellt, dës Anlag auszebauen, gouf entscheet dass d'Ofwaasser un d'Kläranlag vum SIVEC zu Schëffleng mam Bau vun engem neie Kollekter ugebonne gëtt. Den Devis gesäit Aarbechten zu engem Käschtepunkt vu 5.250.000.- € vir.

**4. Bau vun engem neien Ofwaasserbaséng tëschent Reckeng op der Mess a Steebrécken – Geneemegung vun enger Konventioun**

De Gemengerot geneemegt eestëmmeg d'Konventioun tëschent de Gemenge Reckeng op der Mess an Dippech bezüglech dem Bau vun engem neien Ofwaasserbaséng tëschent Reckeng op der Mess a Steebrécken. Well d'Kläranlag zu Reckeng ausser Betrib gesat gëtt a fir d'Gemenge Reckeng op der Mess an Dippech un d'Kläranlag vum SIVEC zu Schëffleng verbonne ginn, gouf festgehalen dass d'Ofwaasser via en neie Kollekter, deen um Territoire vun der Gemeng Reckeng op der Mess gebaut gëtt, evakuéiert gëtt. D'Gemeng Reckeng op der Mess ass de Bauhär vun dësem Projet a Responsabel fir d'Ausschaffe vum Dossier, vum detailléierten Avant-Projet, vun de Soumissiounen, vun der Iwwerwaachung vun den Aarbechte fir de Kont an a Récksprooch mat der Gemeng Dippech. De Verdeelungsschlëssel vun de Käschte gesäit folgendermoossen aus: 70% fir d'Gemeng Dippech an 30% fir d'Gemeng Reckeng op der Mess.

5. **Bau vun enger neier Maison Relais – Geneemegung vun de Pläng an Devisen**
De Gemengerot geneemegt eestëmmeg d'Pläng an d'Devise bezüglech dem Bau vun der neier Maison Relais zu Reckeng op der Mess. Wann ee sech op d'demografesch Entwécklung vun der Gemeng Reckeng op der Mess berifft, da wäert déi aktuell Schoul/Maison Relais geschwënn d'Limitt vu sengem Empfangsplazen erreecht hunn. D'Gemeng Reckeng op der Mess proposéiert aus deem Grond de Bau vun enger neier Maison Relais. Den Devis gesäit Aarbechte vir zu engem Käschtepunkt vun 11.851.646,43.- €.

6. **Fixatioun vun den neien Taxe fir d'fräi Nuechten**
De Gemengerot geneemegt eestëmmeg déi nei Fixatioun vun den Taxe fir d'fräi Nuechten. De 14. November 2002 huet de Gemengerot d'Taxe, déi eng Wiertschaft oder e Veräin bezuele muss fir d'Autorisatioun ze kréien, méi laang wéi déi regulär Ëffnungszäiten op ze sinn, op 20.- € pro fräi Nuecht fixéiert. Well säit deem keng nei Upassung vun der Taxe ënnerholl gouf, schléit de Gemengerot elo vir dës Taxe op 60.- € eropzesetzen an dobäi 2 gratis Geneemegunge pro Joer auszestelle fir Veräiner vu Reckeng op der Mess, déi hir Statuten op der Gemeng hannerluecht hunn.

7. **Fixatioun vun de fräien Nuechte fir d'Joer 2020**
De Gemengerot geneemegt eestëmmeg d'Verlängerung vun den Ëffnungszäite bis 3 Auer moies fir all Wiertschaft a Veräin vun der Gemeng, iwwert d'Zäitspan vum 1. Januar bis 31. Dezember 2020 wärend folgenden Nuechten:
   a) **Reckeng, Riedgen, Piisseng**:
   Vum Samschden, de 25. Abrëll 2020 op Sonndes, de 26. Abrëll 2020 (Kiermes)
   b) **Éileng :**
   Vum Samschden, de 25. Mee op Sonndes, de 26. Mee 2020 (Kiermes)
   c) **Lampech :**
   Vum Samschden, de 15. August 2020 op Sonndes, de 16. August 2020 (Kiermes)
   d) **Fir déi ganz Gemeng :**
   Vum Samschden, den 22. Februar 2020 op Sonndes, den 23. Februar 2020 (Fuesent)
   Vum Donneschden, den 30. Abrëll 2020 op Freides, den 1. Mee 2020 (Fest vun der Aarbecht)
   Vum Samschden, den 9. Mee 2020 op Sonndes, den 10. Mee 2020 (Europadag)
   Vum Méinden, den 22. Juni 2020 op Dënschdes, den 23. Juni 2020 (Virowend vun Nationalfeierdag)
   Donneschdes, den 31. Dezember 2020 op Freides, den 1. Januar 2021 (Silvester)

8. **Installatioun an Betrib vun engem Broutautomat**
De Gemengerot geneemegt mat 5 Stëmme géint eng dergéint an zwou Enthalungen d'Konventioun tëschent der Gemeng Reckeng an der Firma PAKT S.A. fir d'Installatioun an de Betrib vun engem Automat mat Bäckereiprodukter, deen um Parking vis-à-vis vum Kierfecht zu Reckeng installéiert wäert ginn. Dofir gouf tëschent deenen 2 Parteien e Contrat d'occupation du domaine public ënnerschriwwen.

9. **Geneemegung vun engem Acte d'échange notarié**
Am Kader vun der Regularisatioun vu verschiddene Grondstécker op der rue des Trois Cantons zu Wickreng geneemegt de Gemengerot eestëmmeg den Acte Echange, an deem d'Gemeng eng Parzell op der rue des Trois Cantons keeft an als Géigeleeschtung 2 Terrainen zu Wickreng ofträtt.

10. **Geneemegung vum Plan de gestion annuel vum Joer 2020**
De Gemengerot geneemegt eestëmmeg de Plan de gestion annuel vum Joer 2020, dee sech duerch folgend Zifferen definéiert:

| | Investissements (en €) | | | Revenus (en €) | | |
|---|---|---|---|---|---|---|
| | Salaires | Factures | Total | Subsides | Recettes | Total |
| Gestion durable des forêts | 16.200 | 4.000 | 20.200 | | 1.300 | 1.300 |
| Protection de la nature | 1.000 | | 1.000 | | | |
| Sensiblisation | 1.000 | 3.000 | 4.000 | | | |
| Ressources cynégétiques | | | | | 2.000 | 2.000 |
| Surveillance et police | | | 0 | | | 0 |
| Logistique et personnel | 6.500 | 5.000 | 11.500 | | | |
| Grand Total | 24.700 | 12,000 | 36.700 | | 3.300 | 3.300 |

11. **Musekscoursen – Geneemegung vun der rectifiéierter Schoulorganisatioun 2019/2020 a vum Avenant zu der Konventioun**
De Gemengerot geneemegt eestëmmeg den Avenant zu der Konventioun aus där d'Käschte fir d'Organisatioun vun de Musekscourse fir d'Joer 2019/2020 ervir ginn. Dës Käschte fale vun 159.937,16.- € op 140.272,83.- €. De Gemengerot geneemegt och déi vun der UGDA virgeschloe rectiféiert Schoulorganisatioun vum Joer 2019/2020.

12. **Allocatioun fir en extraordinäre Subside fir d'Reckenger Musek a.s.b.l.**
De Gemengerot geneemegt eestëmmeg d'Allocatioun vun engem extraordinäre Subside vun 3.000.- € fir d'Reckenger Musek a.s.b.l., deen Aktivitéite fir d'Ze-


summespill vu jonker Museker favoriséiert, finanzéiere wäert. Dës Aktivitéite ginn et zënter der Schoulrentrée 2014/2015.

13. **Geneemegung vun éiweglafende Konzessiounsverträg vun de Reckenger Kierfechter**
    De Gemengerot geneemegt eestëmmeg déi éiweglafend Konzessiounsverträg vun de Reckenger Kierfechter.

14. **Budget rectifié vum Joer 2019**
    De Gemengerot geneemegt eestëmmeg de Budget rectifié vum Joer 2019. Mir invitéieren iech e Bléck an d'Spezialeditioun vum Gemengebuet iwwert de Gemengebudget, deen am Januar 2020 erauskomm ass, ze werfe fir méi Informatiounen zu dësem Sujet.

15. **Budget vum Joer 2020**
    De Gemengerot geneemegt eestëmmeg de Budget vum Joer 2020. Mir invitéieren iech e Bléck an d'Spezialeditioun vum Gemengebuet iwwert de Gemengebudget, deen am Januar 2020 erauskomm ass, ze werfe fir méi Informatiounen zu dësem Sujet.

16. **Verschiddenes**
    Um Enn vun dëser Sëtzung sinn d'Gemengeréit op verschidden Themen zeréckkomm, déi an de viregte Punkten oder a viregte Gemengerotssëtzungen ugeschwat goufen, virun allem op d'Waardezäit bei der Barrière vun der Dippecher Gare.






# Séance du conseil communal du 6 février 2020

**Présents:** Carlo Muller (bourgmestre), Robert Leclerc, Christian Tolksdorf (échevins), Dominique Da Costa, Sonja Heyard, Marc Ludwig. Esther Schortgen, Nicole Thorn (conseillers), Savas Koroglanoglou (secrétaire communal)

**Excusé:** Lucien Franck (conseiller)

## 1. Informations du collège échevinal

- Le collège échevinal a réceptionné un courrier de Monsieur le Ministre des Transports François Bausch. Le collège échevinal lui avait demandé la mise en place d'un arrêt sur l'autoroute à Wickrange, si jamais la réalisation du tram rapide entre Esch-sur-Alzette et Luxembourg-Ville devait avoir lieu. Ce projet n'est pas encore en phase détaillée, mais cette demande y sera inclus. Dans ce même courrier, le collège a été informé du fait que la qualité du transport public sur le territoire de la commune de Reckange-sur-Mess sera amélioré : La réorganisation du réseau RGTR sera présenté à Belval le 8 mars 2020.
- Le 8 janvier 2020 a eu lieu une entrevue avec l'association Downhill & Moutainbike de Reckange-sur-Mess et avec Madame la Ministre de l'Environnement Carole Dieschbourg. La commune souhaite reclasser le terrain de la piste de downhill, qui n'a pour l'instant aucune autorisation, de zone de loisir dans une zone verte. La réponse à cette requête été négative. Le 2 mars 2020 aura lieu une seconde entrevue sur place afin de trouver une solution en adéquation avec les contraintes et conditions imposées par le ministère de l'environnement.
- Le collège échevinal avait rendez-vous avec la Croix-Rouge au sujet de la collaboration avec la maison des jeunes de Reckange-sur-Mess. Diverses doléances de la part des concitoyens ont été exprimées à l'égard des heures d'ouverture, notamment la proposition de prolonger d'une heure l'ouverture en soirée et l'ouverture pendant les vacances scolaires. Il a été retenu que dès 2021, la maison des jeunes restera fermée durant une semaine pendant les vacances scolaires de noël et de pâques. Les nouveaux horaires quotidiens quant à eux seront mis en place pour la rentrée 2020, dans la mesure du possible. L'impact financier engendré par ces modifications horaires devra être aligné avec les budget actuels et futurs.
- Le collège échevinal s'est réuni avec l'association Le Cycliste Tétange au sujet de l'organisation de l'édition 2021 de l'Urban Cyclo-Cross. L'année dernière a eu lieu la première édition, couronnée d'un franc succès. Cette année, il s'agira du premier Cyclo-Cross officiel de la fédération, ce qui aura pour conséquence l'agrandissement du circuit. Cependant, le traditionnel festival cycliste va devoir céder sa place.
- Notre nouveau collaborateur au sein du bureau de la population, Monsieur James Thomes devient le nouveau secrétaire de la commission scolaire. Il y remplace Madame Nathalie Hensen. De même, Madame Jenny Mannes remplace Madame Kelly Orazi au poste de secrétaire de la commission du 3e âge et de la mobilité réduite.
- Les premiers chiffres concernant la phase de test provisoire du Late Night Bus, projet commun avec la commune de Leudelange, nous sont parvenus : Durant les 5 premiers weekends, un total de 264 noctambules reckangeois ont eu recours à son service, ce qui équivaut à une moyenne de 25 personnes par trajet. Il s'agit là d'une belle moyenne qui espérons-le, aura permis d'éviter l'un ou l'autre drame routier.
- Notre proposition de budget 2020 est de retour et approuvé par le Ministère de l'Intérieur. Le collège échevinal remercie toutes les équipes pour leur efficacité et collaboration.
- La construction du contournement de la barrière de Dippach-Gare a de nouveau été retardée. Le maitre d'ouvrage Ponts & Chaussées a omis de demander une prolongation d'une autorisation environnementale. Ainsi l'autorisation en question est devenue caduque et la législation concernant la protection de nature a changé en 2018. Des études environnementales supplémentaires sont donc exigées avant le début du projet.Le collège échevinal s'engage à demander une entrevue imminente avec les Ministres François Bausch et Carole Dieschbourg et confirme une entrevue prévue le 10 février. Au préalable, une entrevue avec le collège échevinal de Dippach aura lieu le 7 février.
- À vos calendriers :
  - Le 13 février 2020 aura lieu la réunion commune des commissions consultatives au Centre de Rencontre Um Buer à Ehlange.
  - Le 19 mars 2020 aura lieu une réception de bienvenu des nouveaux habitants.
  - Le 26 mars 2020 aura lieu la prochaine séance du conseil communal.

## 2. Approbation du rapport de la dernière séance du conseil communal

Le conseil communal approuve à l'unanimité le rapport de la dernière séance du conseil communal.

## 3. Décision quant à la modification du projet d'aménagement particulier concernant des terrains à Ehlange

Le conseil communal approuve à l'unanimité les modifications du projet d'aménagement particulier à Ehlange, «Op de Quaarten», présenté par le collège des bourg-

mestre et échevins. Le projet de modification a été publié en conformité avec la loi, pendant trente jours, alors qu'aucune réclamation y relative n'a été recueillie. L'avis de la cellule d'évaluation auprès du Ministère de l'Intérieur avait été émis le 20 décembre 2019.

4. **Approbation d'un acte de cession gratuite**
Dans le cadre de la cession gratuite des fonds destinés a une utilisation publique dans le cadre du PAP « Aal Scheiferei », le conseil communal approuve à l'unanimité l'acquisition gratuite de fonds de la part d'une société de promotion immobilière d'une contenance totale de 36 ares et 24 centiares.

5. **Approbation d'une convention concernant des projets de protection de la nature à réaliser en 2020**
Dans le cadre de la plantation de 6 nouveaux arbres fruitiers ainsi que de divers travaux d'entretien a Reckange-sur-Mess, «Buchholz», le conseil communal approuve à l'unanimité la convention à ratifier entre la commune de Reckange-sur-Mess et les propriétaires du terrain concernés afin de disposer de leur autorisation. Cette convention se base sur le programme annuel soumis au conseil communal par le syndicat SICONA.

6. **Nouvelle fixation du prix de vente pour les repas sur roues**
Le conseil communal approuve à l'unanimité la nouvelle fixation du prix de vente des repas sur roues, qui se traduit par une augmentation de prix à partir du 1er janvier 2020. De ce fait, le collège échevinal propose de refixer le prix de vente pour les repas sur roues à partir du 1er mars 2020 à 10,65.- € par repas fourni, les frais de transport étant à charge de la commune.

7. **Modification du règlement communal concernant l'exploitation d'un cimetière forestier à Dippach**
Le conseil communal approuve à l'unanimité la modification du règlement communal concernant l'exploitation d'un cimetière forestier à Dippach dans la foret communale «Op Diedenuecht».
Le collège échevinal, en concertation avec les communes de Bertrange et de Dippach, propose l'élargissement de la panoplie des concessions disponibles : concessions temporaires pour 2 emplacements autour d'un arbre d'une durée de 15 années; et des concessions temporaires pour 2 emplacements autour d'un arbre d'une durée de 30 années. De même, le conseil communal approuve à l'unanimité la reformulation de l'article 8 de ce règlement commual du règlement, afin d'en augmenter sa certitude juridique.

8. **Adaptations du règlement communal concernant la perception des taxes de concessions aux cimetières de la commune de Reckange-sur-Mess**
Le conseil communal approuve à l'unanimité les adaptations du règlement communal concernant la perception des taxes de concessions aux cimetières de la commune de Reckange-sur-Mess. Ces adaptations concernent les redevances et les modalités d'allocation des concessions aux cimetières de la commune de Reckange-sur-Mess respectivement au cimetière forestier à Dippach. Pour les cimetières classiques: concession funéraire dans le sol d'une durée de 30 ans/mètre de largeur de la tombe à 100.- €. Pour les cimetières forestiers: une concession temporaire pour 2 emplacements d'une durée de 15 ans à 300.- € et une concession temporaire pour 2 emplacements d'une durée de 30 ans à 600.- €

9. **Fixation des effectifs du cadre ferme dans les différentes carrières des fonctionnaires communaux**
Le conseil communal approuve à l'unanimité la fixation des effectifs du cadre fermé dans les différentes carrières des fonctionnaires communaux, telle que présentée par le collège échevinal.

10. **Statuts «Fiederball Reckeng/Mess a.s.b.l.» - prise de connaissance par le conseil communal**
Le conseil communal prend connaissance des statuts de l'a.s.b.l. «Fiederball Reckeng/Mess»

11. **Divers**
En fin de réunion, les conseillers communaux sont revenus sur divers sujets couverts lors des points précédents et lors de conseils communaux précédents, notamment sur l'impact environnemental du projet Motor World, les nuisances sonores, le report de la construction du contournement de la barrière de Dippach-Gare, l'éclairage public et les déjections canines.

## Eng Hand wäscht déi aner!

D'**Gemeng Reckeng op der Mess** kuckt zréck op eng laangjäreg Zesummenaarbecht mat der **Stëmm vun der Strooss a.s.b.l.** Zum Beispill sammele mir, zousätzlech zu de Schlofsäck, dësen Hierscht och Kleeder fir de Wanter.

Wann dir, wéi mir, dëser Associatioun, déi **Mënschen an Nout** zur Hëllef kënnt, och ënnerstëtze wëllt, da kënnt dir en Don maachen a Form vun engem „Abonnement de Soutien", andeems dir eng Iwwerweisung mat der entspriechender Zomm op de Konto **LU63 0019 2100 0888 3000** bei der **BCEE** maacht:

- **Joresabonnement Magasinn a Memberskaart: 20 EUR**
- **Joresabonnement Magasinn : 15 EUR**
- **Memberskaart : 10 EUR**

## Sëtzung vum Gemengerot vum 6. Februar 2020

**Uwiesend:** Carlo Muller (Buergermeeschter), Robert Leclerc, Christian Tolksdorf (Schäffen), Dominique Da Costa, Sonja Heyard, Marc Ludwig, Esther Schortgen, Nicole Thorn (Conseilleren), Savas Koroglanoglou (Gemengesekretär)

**Entschëllegt:** Lucien Franck (Conseiller)

**1. Informatioune vum Schäfferot**

- De Schäfferot krut e Courrier vum Här Transportminister François Bausch. Am Virfeld hat de Schäfferot gefrot fir eng Haltestell op der Autobunn zu Wickreng zur Verfügung gestallt ze kréien, falls de schnellen Tram vun Esch/Uelzecht op Lëtzebuerg sollt realiséiert ginn. Dëse Projet ass allerdéngs nach net a senger detailléierter Phas, mee dës Ufro wäert an de Projet erafléissen. Am selwechte Courrier gouf de Schäfferot doriwwer informéiert, dass den ëffentlechen Transport um Territoire vun der Gemeng Reckeng op der Mess verbessert wäert ginn: D'Reorganisatioun vum RGTR-Reseau gëtt den 8. Mäerz 2020 um Belval virgestallt.
- Den 8. Januar 2020 huet eng Versammlung tëschent dem Schäfferot, dem Downhill & Mountainbike Club Reckeng an der Madamm Ëmweltministesch Carole Dieschbourg stattfonnt. D'Gemeng géing gären den Terrain, op där d'Downhill-Piste steet, an eng « Zone de loisirs dans une zone verte » reklasséieren. D'Piste huet momentan net déi néideg Autorisatioune fir a Betrib geholl ze ginn. D'Äntwert ass allerdéngs negativ ausgefall. Den 2. Mäerz 2020 wäert eng zweet Versammlung op der Plaz stattfannen, fir zesumme Léisungen ze fannen, déi kompatibel mat dem Ëmweltministère senge Konditioune sinn.
- De Schäfferot hat Rendez-vous mam Roude Kräiz fir iwwert d'Zesummenaarbecht mam Jugendhaus vu Reckeng ze diskutéieren. De Schäfferot huet dem Roude Kräiz divers Doleancen, déi vu Matbierger ausgedréckt goufen, matgedeelt. Et goung ënner anerem em d'Verlängerung vun den Ëffnungszäiten owes an em d'Ëffnung wärend de Schoulvakanzen. Doropshi gouf festgehalen, dass d'Jugendhaus ab 2021 wärend enger Woch an der Chrëscht- an Ouschtervakanz zou ass. Déi nei Ëffnungszäiten ënnert der Woch wäerten allerdéngs scho fir d'Rentrée 2020 a Kraaft trieden, am Beräich vun de Méiglechkeeten. De finanziellen Impakt, deen dës nei Mesure wäert hunn, muss mam aktuellen an zukünftege Budget ofgestëmmt ginn.
- De Schäfferot huet sech mam Veräin Le Cycliste 23 Tétange versammelt zum Thema Urban Cyclo-Cross By Night 2021. D'lescht Joer huet déi éischt Editioun stattfonnt, an dobäi ass en immens flott Volleksfest entstan. Dëst Joer wäert et sech dann ëm deen éischten offizielle Cyclo-Cross vun der Federatioun handelen. Dëst wäert als Konsequenz eng Vergréisserung vum Circuit hunn. Allerdéngs wäert den traditionelle Festival Cycliste weeche mussen, fir dësem neien Turnéier Plaz ze maachen.
- Eisen neie Mataarbechter am Bureau de la population, den Här James Thomes, gëtt den neie Sekretär vun der Schoulkommissioun. Hien ersetzt domat d'Madamm Nathalie Hensen. D'Madamm Jenny Mannes ersetzt d'Madamm Kelly Orazi als Sekretärin vun der Drëttalterskommissioun.
- De Schäfferot krut déi éischt Zuelen zur provisorescher Testphas vum Late Night Bus kommunizéiert: Wärend den éischte 5 Weekend hunn insgesamt 264 Reckenger Nuetseilen dëse Service benotzt. Dëst entsprécht engem Duerchschnëtt vu 25 Passagéier pro Trajet. Et handelt sech heibäi em eng ganz stolz Moyenne déi, hoffe mir et, deen een oder aneren Autosaccident verhënnert huet.
- De Bau vum Contournement vun der Dippecher Barrière gouf nees verluecht. De Bauhär Ponts & Chaussées hat vergiess, eng Verlängerung vun der Ëmweltautorisatioun unzefroen. Déi aktuel Autorisatioun ass deemno hifälleg an d'Legislatioun iwwert den Naturschutz huet 2018 gännert. Zousätzlech Ëmweltstudie sinn also noutwenneg virum Start vun dësem Projet. De Schäfferot vu Reckeng op der Mess an Dippech verlaangen dohier ëmgehend e Rendez-vous mam Här Minister François Bausch a mat der Madamm Ministesch Carole Dieschbourg a bestätegt ee Rendez-vous, deen den 10. Februar 2020 stattfënnt. Am Virfeld fënnt de 7. Februar 2020 e Rendez-vous mam Dippecher Schäfferot statt.
- Fir an d'Kalenner:
  - Den 13. Februar 2020 fënnt déi gemeinsam Reunioun vun de Kommissiounen am Centre de Rencontre Um Buer zu Éileng statt.
  - Den 19 Mäert 2020 fënnt d'Receptioun vun den neien Awunner am Pëtzenhaus statt.
  - De 26. Mäerz 2020 fënnt déi nächst ëffentlech Gemengerotssëtzung statt.

**2. Geneemegung vum Rapport vun der leschter Gemengerotssëtzung**

De Gemengerot geneemegt eestëmmeg de Rapport vun der leschter Gemengerotssëtzung.

**3. Entscheedung iwwert d'Ännerung vum Projet d'amenagement particulier vu Grondstécker zu Éileng**

De Gemengerot geneemegt eestëmmeg d'Ännerunge vum Projet d'amenagement particulier vu Grondstécker zu Éileng, „Op de Quäärten", sou wéi si vum Schäfferot virgestallt goufen. De Modifikatiounsprojet gouf kon-

form dem Gesetz wärend 30 Deeg publizéiert, an et goufen an deem Zesummenhang keng Reklamatioune gesammelt. Den Avis vun der Cellule d'évaluation vum Inneministère gouf eis den 20 Dezember 2019 matgedeelt.

4. **Geneemegung vun engem gratis Oftriedungsakt**
De Gemengerot geneemegt eestëmmeg d'gratis Oftriedung vu Grondstécker, déi fir en ëffentlechen Notzen a Fro kommen am Kader vum PAP „Al Schéiferei". Dës Grondstécker hunn eng Gesamtfläch vu 36 Ar a 24 Centiar a gi gratis vun enger Immobiliepromotiounsfirma ofgetrueden.

5. **Geneemegung vun enger Konventioun iwwert Naturschutzprojete fir 2020**
Am Kader vun der Uplanzung vu 6 neien Uebstbeem souwéi verschiddenen Ënnerhaltsaarbechten zu Reckeng op der Mess geneemegt de Gemengerot eng Konventioun déi tëschent der Gemeng Reckeng op der Mess an de Besëtzer vun de betraffene Grondstécker ratifizéiert gëtt, sou dass d'Gemeng am Besëtz vun hirer Autorisatioun ass. Dës Konventioun berout um Joresprogramm vun der SICONA, deen dem Gemengerot virgestallt gouf.

6. **Nei Fixatioun vum Verkafspräis vum Iessen op Rieder**
De Gemengerot geneemegt eestëmmeg déi nei Fixatioun vum Verkafspräis vum Iessen op Rieder. Den Akafspräis vun der Moolzecht ass zënter dem 1. Januar 2020 geklommen. Dofir schléit de Schäfferot vir, de Präis pro ausgeliwwert Moolzecht ab dem 1. Mäerz 2020 op 10,65 € ze fixéieren. D'Transportkäschte ginn dobäi weiderhi vun der Gemeng iwwerholl.

7. **Ännerung vum Gemengereglement bezüglech dem Betrib vun engem Bëschkierfecht zu Dippech**
De Gemengerot, an Ofkommes mat de Gemenge Bartreng an Dippech, geneemegt eestëmmeg d'Vergréisserung vun der zur Verfügung stoender Concessiouns-Panoplie: Temporär Concessioune vun 2 Emplacementer ronderëm ee Bam fir eng Dauer vu 15 Joer an temporär Concessioune vun 2 Emplacementer ronderëm ee Bam fir eng Dauer vun 30 Joer. De Gemengerot geneemegt och eestëmmeg d'Reformuléierung vum Artikel 8 aus dësem Gemengereglement, fir seng Rechtssécherheet ze verbesseren.


8. **Upassung vum Gemengereglement iwwert d'Erhiewung vun de Concessiounstaxe bei de Kierfechter vun der Gemeng Reckeng op der Mess**
De Gemengerot geneemegt eestëmmeg d'Upassung vum Gemengereglement iwwert d'Erhiewung vun de Concessiounstaxe bei de Kierfechter vun der Gemeng Reckeng op der Mess. Dës Upassunge betreffen d'Gebühren an d'Zouweisunge vu Concessioune vun de Kierfechter vun der Gemeng Reckeng op der Mess bezéiungsweis vum Bëschkierfecht vun der Gemeng Dippech. Fir déi klassesch Kierfechter: d'Gruefconcessioun ënnert dem Buedem vun enger Dauer vun 30 Joer; pro Meter Breet vum Gruef kascht 100.- €. Fir d'Bëschkierfechter: Eng temporär Concessioun vun 2 Emplacementer fir eng Dauer vu 15 Joer kaschten 300.- € an eng temporär Concessioun vun 2 Emplacementer vun enger Dauer vun 30 Joer kaschte 600.- €.

9. **Fixatioun vun den Effektifer am Cadre fermé an de verschiddene Carrière vum Gemengebeamten.**
De Gemengerot geneemegt eestëmmeg d'Fixatioun vun den Effektifer am Cadre fermé an de verschiddene Carrière vum Gemengebeamten, sou wéi si vum Schäfferot virgestallt goufen.

10. **Statute vun der „Fiederball Reckeng/Mess a.s.b.l"**
De Gemengerot hëlt d'Statute vun der „Fiederball Reckeng/Mess a.s.b.l" zur Kenntnis.

11. **Divers**
Um Enn vun dëser Sëtzung sinn d'Gemengeréit op verschidden Themen zeréckkomm, déi an de viregte Punkten oder a viregte Gemengerotssëtzungen ugeschwat goufen, ënner anerem iwwert de Motor World a säin Impakt op d'Ëmwelt, Lärmbelastegung, de Report vum Bau vum Contournement vun de Barrière zu Dippech-Gare, d'Stroossebeliichtung an d'Hënnexkrementer.

Dohigekuckt
Coup d'œil



Ab elo steet den T-Wraps Foodtruck all Mëttwoch Owend um Parking vun der Gemeng / *Vous retrouverez le T-Wraps Foodtruck sur le parking de la commune tous les mercredi soirs.*

## Séance du conseil communal du 26 mars 2020

**Présents:** Carlo Muller (bourgmestre), Robert Leclerc, Christian Tolksdorf (échevins), Dominique Da Costa, Lucien Franck (vidéoconférence), Sonja Heyard, Marc Ludwig (vidéoconférence), Esther Schortgen (par procuration), Nicole Thorn (vidéoconférence), Savas Koroglanoglou (secrétaire communal)

**Considérant que la propagation du coronavirus Covid-19 a pris une ampleur et une rapidité telle qu'il y a lieu de la considérer comme une menace réelle pour les intérêts vitaux de la population, elle nécessite la prise de mesures urgentes et immédiates qui sont devenues indispensables afin de protéger la population. Nous nous voyons donc forcés à ajouter trois points d'urgence à l'ordre du jour de cette séance publique du conseil communal :**

**a) Approbation d'un règlement-taxe dans le cadre de la refacturation des courses alimentaires effectuées par l'administration communale pour le compte de tiers (personnes âgées de plus de 65 ans et personnes vulnérables)**

Le conseil communal approuve à l'unanimité le règlement-taxe portant sur le concept suivant : Les citoyens de la commune, classifiés comme vulnérables suivant les critères publiés par le Ministère de la Santé, peuvent demander par téléphone à l'administration communale de faire des courses urgentes pour leurs besoins. On entend par courses urgentes les aliments de base et articles d'hygiène. Le service est presté par les membres du personnel communal ou pourra être presté par des bénévoles désignés par le collège échevinal. Par la suite, la recette communale facture les frais réels avancés par l'administration communale. Le service d'urgence est offert par l'administration communale jusqu'à révocation des mesures de précaution par le gouvernement.

**b) Décision sur l'inscription de deux crédits nouveaux au budget de l'exercice 2020**

Le conseil communal approuve à l'unanimité l'inscription de deux nouveaux crédits au budget de l'exercice 2020, portant sur l'approbation du règlement-taxe décrit ci-dessus, libellés «Produits alimentaires et boissons destinés à la revente» et «Vente de marchandises – Produits alimentaires et boissons destinés à la revente».

**c) Désignation d'un local particulier pour les réunions du conseil communal**

Le conseil communal approuve à l'unanimité la désignation d'un local particulier pour les réunions du conseil communal. En effet, considérant que la salle de séances de la mairie de Reckange-sur-Mess n'est pas appropriée afin de respecter les consignes de sécurité imposées par le Ministère de la Santé, la réunion du conseil communal se tient à la salle de spectacle au premier étage du centre culturel Pëtzenhaus à Reckange-sur-Mess. (voir page 23)

**1. Informations du conseil échevinal**

- En période de confinement liée à la pandémie du coronavirus Covid-19, il est évident qu'en tant qu'administration communal, nous nous devons de continuer à fonctionner et à protéger nos citoyens. Pour cela, nous avons pris des décisions rapides : les équipes de l'administration et de l'atelier sont scindées en deux. De la sorte, une partie de l'équipe peut remplacer l'autre en cas d'infection ou de suspicion d'infection. Toutes les mesures sont prises à vue et peuvent être adaptées à tout moment. Nous adressons un grand merci à tout le personnel de la communal. Ce test « en temps réel » est couronné de succès.
- Le 7 février 2020 a eu lieu une entrevue avec le collège échevinal de la commune de Dippach pour préparer l'entrevue avec les Ministres François Bausch et Carole Dieschbourg dans le cadre du report des travaux du contournement de la barrière de Dippach-Gare.
- Le 26 février 2020 a eu lieu une campagne de sensibilisation des automobilistes auprès de la barrière de Dippach-Gare. De nombreux résidents volontaires se sont joint aux élus communaux pour distribuer tractes et croissants aux automobilistes arrêtés à la barrière. (voir page 32)
- Le 27 février 2020, le collège échevinal s'est rendu à l'école fondamentale Kleesenberg à Reckange-sur-Mess, afin de recevoir une démonstration de la nouvelle infrastructure informatique de l'école. Les enseignants ont pu montrer comment ils tirent profit de matériel haut-de-gamme, pour lequel des fonds conséquents avaient été débloqués lors du dernier exercice. (voir page 33)
- Le même jour, le collège échevinal a visité les lieux de l'actuelle maison relais de Reckange-sur-Mess. Une entrevue a eu lieu avec les responsables de la maison relais afin d'échanger au sujet du projet de la construction de la nouvelle maison relais.
- Monsieur Marc Ludwig, en sa qualité de président de la commission de la mobilité, a représenté la commune de Reckange-sur-Mess le 9 mars 2020 lors du «Roadshow RGTR» à Belval, rassemblant 200 personnes et lors duquel le réseau de bus RGTR a été analyse, repensé et présenté. Les lignes de bus seront renumérotées, et le pays sera subdivisé en zones. La commune de Reckange-sur-Mess se situera entre les zones 6 et 7, ce qui engendrera divers problèmes pour se rendre à certains endroits en bus. Le Ministère a

cependant assuré à Monsieur Ludwig qu'il n'était pas trop tard pour faire des adaptations et que la commune pouvait soumettre ses propositions. Ce point sera ajouté à l'ordre du jour de la prochaine réunion de la commission de la mobilité. Monsieur Ludwig a pu évoquer 2 points supplémentaires lors du Roadshow: les problèmes liés au transport scolaire sur le territoire de la commune de Reckange-sur-Mess, et l'importance d'un arrêt de tram à Pontpierre, si le projet du tram rapide Esch-sur-Alzette/Luxembourg-Ville, devait être réalisé.

- Le 2 mars a eu lieu une réunion pro-active et constructive avec des représentant du Ministère de l'environnement et du Downhill & Mountainbike Club de Reckange, à proximité de la piste de downhill. Il s'agit de pouvoir ré-exploiter ce site en accord avec le règlement de protection de la nature. Un certain nombre de critères ont été retenus, notamment l'utilisation d'éléments exclusivement naturels (terre, boue, bois, ...) pour la reconstruction de la piste. Ces informations seront relayées au garde forestier puis prendront leur chemin officiel vers les ministères compétents.
- Le collège échevinal de la commune de Leudelange a introduit auprès de la commune de Reckange-sur-Mess une coopération pour la création d'un parc de recyclage propre aux deux communes. Comme la commune de Reckange-sur-Mess est membre du syndicat SIVEC, cette coopération avec Leudelange s'avère non-nécessaire.
- Le collège échevinal s'est réuni avec les exploitants de la Piissenger Hütt à Pissange, afin de trouver une solution pour les locataires des logements situés au-dessus de la brasserie et souffrant des nuisances sonores. Or, le nouveau locataire s'avère être le cuisinier de la brasserie. Celui-ci loue les lieux en toute connaissance de cause.
- Le 23 avril 2020, une réunion avec les habitants concernant le futur des églises était prévu, mais cette réunion est annulée et reportée.
- Le collège échevinal a rencontré des représentants du commissariat de police Porte du Sud pour un bilan de leur travail effectué sur le territoire communal. La police a renforcé les contrôles routiers et leur présence auprès de l'école fondamentale.
- Depuis le 14 mars 2020, l'administration communale vit au rythme des nouvelles mesures gouvernementales dû au COVID-19.
- Dans un futur proche, toutes les manifestations sur le territoire communal sont annulées. Nous naviguons à vue.

**2. Approbation du rapport de la dernière séance du conseil communal**

Le conseil communal approuve à l'unanimité le rapport de la dernière séance du conseil communal.

**3a. Réaménagement de l'entrée en localité d'Ehlange**

Le conseil communal approuve à l'unanimité les plans et devis relatifs aux travaux de réaménagement de l'entrée en localité d'Ehlange, dont l'aménagement d'un îlot central sur la N13, des abris-bus et un nouveau carrefour, tels que présentés par Monsieur Serge Vermeulen, chef du service technique. Cette dépense sera imputable au budget extraordinaire de 2020.

**3b. Réaménagement de la cour de l'ancienne école d'Ehlange**

Le conseil communal approuve à l'unanimité les plans et devis relatifs aux travaux de réaménagement de la cour avant de l'ancienne école à Ehlange-sur-Mess, tels que présentés par le chef du service technique. Cette dépense sera imputable au budget extraordinaire de 2020.

**3c. Travaux de transformation du hall à Wickrange**

Le conseil communal approuve à 5 voix contre deux abstentions les plans et devis relatifs aux travaux de transformation du hall à Wickrange pour les besoins de l'atelier communal et des associations de Reckange-sur-Mess, tels que présentés par le chef du service technique. Cette dépense sera imputable au budget extraordinaire de 2020 et 2021.

**3d. Aménagement de places de stationnement dans le lotissement « Réispelt »**

Le conseil communal approuve à l'unanimité le devis établi pour l'aménagement de places de stationnement sur l'îlot central du lotissement « Réispelt » ainsi que le redressement de la route en question, tels que présentés par le chef du service technique. Cette dépense sera imputable au budget extraordinaire de 2020.

**3e. Aménagement d'un parking à l'intersection rue de Roedgen / rue Jean-Pierre Hilger**

Le conseil communal approuve à l'unanimité le devis relatif à l'aménagement d'un parking à l'intersection rue de Roedgen / rue Jean-Pierre Hilger à Reckange-sur-Mess tout en réalisant des travaux de canalisation pour l'évacuation des eaux de surface du parking, tel que présenté par le chef du service technique. Cette dépense sera imputable au budget extraordinaire de 2020.

**3f. Remplacement des feux rouges dans la route des Trois Cantons à Ehlange**

Le conseil communal approuve à l'unanimité le devis relatif au remplacement des feux rouges dans la route des Trois Cantons à Ehlange-sur-Mess, tel que présenté par le chef du service technique. Cette dépense sera imputable au budget extraordinaire de 2020.

**3g. Réaménagement d'un fossé pour eaux pluviales dans le lotissement «Klenge Lehm» à Reckange-sur-Mess**
Le conseil communal approuve à l'unanimité le devis établi pour le réaménagement d'un fossé pour eaux pluviales dans le lotissement «Klenge Lehm» à Reckange-sur- Mess, tel que présenté par le chef du service technique. Cette dépense sera imputable au budget extraordinaire de 2020.

**4. Approbation d'un acte notarié de cession gratuite**
Le conseil communal approuve à l'unanimité un acte notarié de cession gratuite. Cette cession a lieu dans un but d'utilité publique et concerne trois places de voirie à Limpach cédées à l'administration communale de Reckange-sur-Mess par une société privée.

**5. Approbation d'une convention concernant la constitution d'une servitude d'utilité publique**
Le conseil communal approuve à l'unanimité la convention concernant la constitution d'une servitude d'utilité publique dans le cadre des travaux de stabilisation de berge de la Mess à Ehlange/Mess, entre l'administration communale et les propriétaires du terrain en question. Cette servitude donnera un droit d'accès avec l'installation du chantier en contrepartie d'un loyer annuel pour toute la durée du chantier.

**6. Approbation de deux avenants à deux contrats de bail**
Le conseil communal approuve à l'unanimité deux avenants à deux contrats de bail conclus en date du 1er mars 2020 entre le collège des bourgmestre et échevins et une famille demeurant à Reckange.

**7. Approbation d'une convention concernant des projets de protection de la nature à réaliser en 2020**
Le conseil communal approuve à l'unanimité la convention concernant des projets de protection de la nature à réaliser en 2020 à Limpach, «In Alsloch» par le débroussaillage d'environ 11 ares de végétation ligneuse, la restauration d'une ancienne mare de 9 ares de surface d'eau maximale et l'installation d'une clôture de 150 m de longueur autour de l'étang. Cette convention est établie le 19 mars 2020 entre les propriétaires du terrain en question et la commune de Reckange-sur-Mess, autorisant cette dernière à utiliser les terrains leurs terrains.

**8. Approbation d'un règlement communal relatif à l'allocation de subsides ordinaires**
Le conseil communal approuve à 8 votes pour et un vote contre le règlement communal relatif à l'allocation de subsides ordinaires annuels aux associations communales et subsides extraordinaires en cas d'anniversaire de l'association. Monsieur le conseiller communal Marc Ludwig, en charge de ce dossier, affirme que ce nouveau règlement a pour objectif d'encourager les associations dans leurs activités et de récompenser leurs réalisations et réussites. Définis dans une grille d'attribution, les subsides ordinaires sont fixés d'après l'activité déployée au cours de l'année de référence et calculés d'après un système d'attribution de points, se composant de différents éléments, tel le degré d'activité sur le territoire communal, le nombre de membres actifs, de jeunes et de seniors et les frais d'encadrement engendrés.

**9) Approbation de contrats de concession temporaire et perpétuelle des cimetières de la commune de Reckange-sur-Mess**
Le conseil communal approuve à 8 votes pour et une abstention les contrats de concession perpétuelle des cimetières de la commune de Reckange-sur-Mess.

**10) Divers**

**Christian Tolksdorf (échevin):**
Au bout de deux semaines, nous constatons que l'école fondamentale de Reckange est bien organisée en matière d'enseignement à distance (« Homeschooling »). Certes, il existe certains problèmes liés à la communication avec les parents et certains problèmes organisationnels, mais laissons le temps au Ministère de l'Education de peaufiner les directives s'adressant aux enseignants comme aux parents.

En tant que responsables communaux, nous nous devons de soutenir et les enseignants, et les parents. Il faut bien se dire qu'un enseignement « normal » est impossible par les temps qui courent. De même, il est évidemment impossible de fournir des cours vidéo en ligne quotidiens « en direct » à tous les élèves, nous n'avons pas la quantité d'enseignants nécessaire, et les parents ne disposent souvent pas des performances et infrastructures informatiques nécessaires pour y faire face. Parents, enseignants et politiciens ont pour l'instant une charge de tâches double ou triple, ôtons-nous mutuellement la pression. Essayons d'être clair et concis dans nos directives afin rassurer le personnel enseignant et les parents.

Au nom du collège échevinal et du conseil communal, je me permets de remercier les enseignants pour le bon travail réalisé envers les élèves et les parents de notre commune.

Je remercie d'ores et déjà les conseillers communaux pour leur coopération et le relais de ce message.

## Sëtzung vum Gemengerot vum 26. Mäerz 2020

**Uwiesend:** Carlo Muller (Buergermeeschter), Robert Leclerc, Christian Tolksdorf (Schäffen), Dominique Da Costa, Lucien Franck (Videokonferenz), Sonja Heyard, Marc Ludwig (Videokonferenz), Esther Schortgen (Prokuratioun), Nicole Thorn (Videokonferenz), Savas Koroglanoglou (Gemengesekretär)

**Déi schnell Verbreedung vum Coronavirus COVID-19 ass eng reell Gefor fir d'Gesondheet vun der Bevëlkerung. Dofir musse schnell Mesure geholl ginn déi onentbierlech si fir de Schutz vun eise Matbierger. Mir sinn also gezwongen, dräi zousätzlech Points d'Urgence op d'Dagesuerdnung vun dëser ëffentlecher Gemengerotssëtzung zu setzen.**

**a) Geneemegung vun engem Taxereglement am Kader vun der Refacturatioun vu Liewensmëttelakeef vun der Gemeng fir Drëttpersounen (Persounen, déi méi wéi 65 Joer hunn a vulnerabel Persounen)**

De Gemengerot geneemegt eestëmmeg d'Taxereglement zu folgendem Konzept: Déi Matbierger aus der Gemeng, déi laut publizéierte Critère vum Gesondheetsministere als vulnerabel gëllen, kënne per Telefon bei der Gemengenadministratioun e Service ufroen, bei deem hinnen dringend Akeef (Liewensmëttel an Hygiènesartikel) direkt bei d'Dier geliwwert ginn. Dëse Service gëtt vu Membere vum Gemengepersonal ugebueden a kann och vu vum Schäfferot designéierte Fräiwëllegen ugebuede ginn. D'Recette communale setzt dann déi reell Käschten a Rechnung, déi vun der Gemengenadministratioun virgestreckt goufen. Dësen dréngleche Service gëtt esoulaang vun der Gemengenadministratioun ugebueden, bis d'Virkéierunge vun der Regierung opgehuewe sinn.

**b) Entscheedung iwwert d'Inscriptioun vun zwee neie Kreditter am Budget vum Joer 2020**

De Gemengerot geneemegt eestëmmeg d'Inscriptioun vun zwee neie Kreditter am Budget Budget vum Joer 2020, deen d'Taxereglement, dat hei uewendriwwer beschriwwe gëtt, betrëfft. D'Kreditter droen de Libellé „Produits alimentaires et boissons destinés à la revente" a „Vente de marchandises – Produits alimentaires et boissons destinés à la revente"

**c) Ernennung vun engem spezielle Lokal fir d'ëffentlech Sëtzunge vum Gemengerot**

De Gemengerot geneemegt eestëmmeg d'Ernennung vun engem spezielle Lokal fir d'ëffentlech Sëtzunge vum Gemengerot. Well am Sëtzungssall vun der Gemeng Reckeng op der Mess déi néideg Sécherheetsvirkéierunge vum Gesondheetsministere momentan net agehale kënne ginn, wäert d'Sëtzung vum Gemengerot am Festsall um éischte Stack vum Centre Culturel Pëtzenhaus stattfannen. (cf. Säit 23)

**1. Informatioune vum Schäfferot**

- Wärend dëser Réckzuchszäit, ervirgeruff duerch d'Pandemie vum Coronavirus COVID-19, schéngt et evident dass een als Gemengeverwaltung weider funktionéiere muss an eis Matbierger schützen. Dofir goufen e puer séier Moossname getraff: D'Equippen aus der Administratioun an dem Atelier schaffen opgespléckt. Sou kann een Deel deen aneren ersetzen am Fall vun enger Infektioun oder engem Verdacht op Corona. All dës Entscheedunge ginn no an no geholl a kënnen zu jidder Zäit nei adaptéiert ginn. E grousse Merci geet dohir un dat ganzt Gemengepersonal. Dësen „Test en temps réel" ass erfollegräich.
- De 7. Februar 2020 huet eng Réunion mam Schäfferot vun der Gemeng Dippech stattfonnt, fir d'Entrevue mat de Ministere François Bausch a Carole Dieschbourg virzebereeden, am Kader vum Report vum Bau vum Contournement vun der Barrière zu Dippech-Gare.
- De 26. Februar 2020 huet d'Sensibilisatiounskampagne vun den Automobiliste bei der Barrière vun Dippech-Gare stattfonnt. Eng ganz Partie fräiwëlleg Matbierger hunn un der Säit vum Schäfferot vu béide Gemengen den Dialog mat den Automobiliste gesicht unhand vu frësche Croissante a Flyeren. (cf. Säit 32)
- De 27 Februar 2020 ass de Schäfferot sech déi nei informatesch Installatiounen an der Grondschoul Kleesebierg ukucke gaangen. D'Léierpersonal huet gewisen, wéi si dat héichwäertegt Material, fir dat konsequent Zommen am leschte Budget deblockéiert goufen, zum Asaz bréngen. (cf. Säit 33)
- De selwechten Dag huet de Schäfferot sech mat de Verantwortlechen aus der Reckenger Maison Relais getraff fir sech iwwert de Projet Bau vun der neier Maison Relais auszetauschen.
- Den Här Marc Ludwig huet, a senger Qualitéit vu President vun der Transportkommissioun, den 9. Mäerz 2020 zu Belval um „Roadshow RGTR" deelgeholl. Dës Manifestatioun huet ronn 200 Leit versammelt an et gouf den neie Busreseau vum RGTR virgestallt.
- D'Buslinnen ginn nei nummeréiert an d'Land gëtt an Zonen agedeelt. D'Gemeng Reckeng op der Mess wäert iergendwou tëschent den Zone 6 a 7 leien, wat zu gewëssene Problemer féiere wäert wann ee sech op bestëmmte Plaze mam Bus wëll beginn. De Ministère huet dem Här Ludwig allerdéngs versëchert, dass et nach net ze spéit wir fir Upassungen ze maachen an dass d'Gemeng hinnen hir Virschléi ënnerbree-

de kéint. Dëse Punkt kënnt dann och zousätzlech op d'Dagesuerdnung vun der nächster Reunioun vun der Transportkommissioun. Wärend der Roadshow konnt den Här Ludwig dann och nach op 2 weider Punkten agoen: D'Problemer am Zesummenhang mam Schoultransport an der Gemeng Reckeng op der Mess an d'Wichtegkeet vun enger Tram-Haltestell zu Steebrécken, falls de Projet vun engem schnellen Tram tëschent Esch/Uelzecht an der Stad Lëtzebuerg sollt realiséiert ginn.

- Den 2. Mäerz huet eng ganz proaktiv a konstruktiv Reunioun vu Vertrieder vum Ëmweltministere a vum Downhill & Mountainbike Veräin bei der Downhill Piste zu Reckeng stattfonnt. An dëser Reunioun ass et drëms gaangen, Léisungen ze fanne fir dës Piste erëm kënnen z'exploitéieren, entspriechend de Reegele vum neien Naturschutzgesetz. Verschidde Critère goufen zeréckbehalen, ënner anerem deen, dass d'Piste mat natierlechen Elementer (Buedem, Bulli, Holz) nei gebaut dierf ginn. Dës Informatioune ginn dem Fierschter matgedeelt, an da geet den Dossier op säin offiziellen Instanzewee.
- De Schäfferot vun der Gemeng Leideleng huet beim Schäfferot vun der Gemeng Reckeng op der Mess eng Ufro eragereecht fir de Bau vun engem gemeinsame Recyclingpark fir béid Gemengen. Well d'Gemeng Reckeng jo awer schonns Member vum Syndikat SIVEC ass, ass dës Zesummenaarbecht mat Leideleng net noutwenneg.
- De Schäfferot huet sech mat den Exploitante vun der Piissenger Hütt zu Piisseng getraff, fir eng Léisung ze fanne fir d'Locataire vun der Wunneng iwwert der Wiertschaft, déi immens ënnert dem Kaméidi leiden. Den neie Locataire ass allerdéngs de Kach vum Restaurant, deen dës Wunneng wëssentlech lount.
- Den 23. Abrëll 2020 sollt eng Versammlung mat de Bierger zum Thema Zukunft vun eise Kierche stattfannen. Dës Versammlung gouf ofgesot a verluecht.
- De Schäfferot huet sech mat Vertrieder vum Policekommissariat Porte du Sud getraff, fir e Bilan ze zéien iwwert hir Aktivitéiten um Gemengenterritoire. D'Police huet ënner anerem d'Verkéierskontrollen an hir Presenz bei der Schoul verstäerkt.
- Säit dem 14. Mäerz 2020 lieft d'Gemengeverwaltung nom Rhythmus vun den neie Regierungsmesuren zwecks der Pandemie vum Coronavirus.
- An noer Zukunft sinn all d'Manifestatiounen um Gemengenterritoire ofgesot. Mir navigéieren „à vue".

**2. Geneemegung vum Rapport vun der leschter Gemengerotssëtzung**

De Gemengerot geneemegt eestëmmeg de Rapport vun der leschter Gemengerotssëtzung.

**3a. Reamenagement vum Agank vun Éileng**

De Gemengerot geneemegt eestëmmeg d'Pläng an Deviser bezüglech de Reamenagementsaarbechte vum Agank vun Éileng, dorënner den Amenagement vun enger Zentralinsel op der N13, eng Bushaltestell an eng nei Kräizung, sou wéi se vum Chef vum Service Technique virgestallt goufen. Dës Ausgab gëtt dem extraordinäre Budget 2020 zougerechent.

**3b. Reamenagementsaarbechte vum Schoulhaff vun der aler Schoul zu Éileng**

De Gemengerot geneemegt eestëmmeg d'Pläng an Deviser bezüglech de Reamenagementsaarbechte vum Schoulhaff vun der aler Schoul zu Éileng, sou wéi se vum Chef vum Service Technique virgestallt goufen. Dës Ausgab gëtt dem extraordinäre Budget 2020 zougerechent.

**3c. Ëmbauaarbechten an der Hal zu Wickreng**

De Gemengerot geneemegt mat 5 Stëmmen an zwou Enthalungen d'Pläng an Deviser bezüglech den Ëmbäuaarbechten an der Hal zu Wickreng fir d'Besoine vum Gemengenatelier an de Reckenger Veräiner, sou wéi se vum Chef vum Service Technique virgestallt goufen. Dës Ausgab gëtt dem extraordinäre Budget 2020an 2021 zougerechent.

**3d. Amenagement vun de Parkplazen an der Cité „Réispelt"**

De Gemengerot geneemegt eestëmmeg d'Pläng an Deviser bezüglech dem Amenagement vun de Parkplazen an an d'Astandsetzung vun der Strooss an der Cité Réispelt, sou wéi se vum Chef vum Service Technique virgestallt goufen. Dës Ausgab gëtt dem extraordinäre Budget 2020 zougerechent.

**3e. Amenagement vun engem Parking op der Kräizung rue de Roedgen / rue Jean-Pierre Hilger zu Reckeng**

De Gemengerot geneemegt eestëmmeg d'Pläng an Deviser bezüglech dem Amenagement vun engem Parking op der Kräizung rue de Roedgen / rue Jean-Pierre Hilger zu Reckeng inklusiv de Kanalaarbechte fir d'Evakuatioun vum Waasser, sou wéi se vum Chef vum Service Technique virgestallt goufen. Dës Ausgab gëtt dem extraordinäre Budget 2020 zougerechent.

**3f. Ersatz vun de Verkéiersluuchten op der Rue des Trois Cantons zu Éileng**

De Gemengerot geneemegt eestëmmeg den Ersatz vun de Verkéiersluuchten op der Rue des Trois Cantons zu Éileng, sou wéi se vum Chef vum Service Technique virgestallt goufen. Dës Ausgab gëtt dem extraordinäre Budget 2020 zougerechent.

**3g. Reamenagement vun engem Reewaassergruef an der Cité „Klenge Lehm" zu Reckeng op der Mess**

De Gemengerot geneemegt eestëmmeg d'Reamenagement vun engem Reewaassergruef an der Cité „Klenge Lehm" zu Reckeng op der Mess, sou wéi se vum Chef vum Service Technique vigestallt goufen. Dës Ausgab gëtt dem extraordinäre Budget 2020 zougerechent.

4. **Geneemegung vun engem notariellen Akt iwwert eng käschtefräi Oftriedung**
De Gemengerot geneemegt eestëmmeg en notariellen Akt iwwert eng käschtefräi Oftriedung. Dës Oftriedung ass allgemengnëtzeg a betrëfft 3 Parkplazen zu Lampech, déi der Gemengeverwaltung vun enger privater Firma ofgetruede ginn.

5. **Geneemegung vun enger Konventioun iwwert d'Konstitutioun vun enger allgemengnëtzeger Servitude**
De Gemengerot geneemegt eestëmmeg d' Konventioun iwwert d'Konstitutioun vun enger gemengnëtzeger Servitude am Kader vun der Stabilisatioun vum Ufer vun der Mess zu Éileng, tëschent der Gemengeverwaltung an de Proprietäre vum betraffenen Terrain. Dës Servitude erméiglecht en Zougangsrecht mat Chantiersinstallatiounen als Géigeleeschtung zu engem järleche Loyer.

6. **Geneemegung vun zwee Avenante vun zwee Mietverträg**
De Gemengerot geneemegt eestëmmeg zwee Avenante vun zwee Mietverträg, déi den 1. Määrz 2020 ofgeschloss goufen, tëschent dem Schäfferot an enger Famill vu Reckeng.

7. **Geneemegung vun enger Konventioun bezüglech Naturschutzprojeten, déi 2020 realiséiert ginn**
De Gemengerot geneemegt eestëmmeg eng Konventioun bezüglech Naturschutzprojeten, déi 2020 zu Lampech, „In Alsloch" realiséiert solle ginn, dorënner d'Entbuschung vun ongeféier 11 Ar holzeger Vegetatioun, d'Restauratioun vun engem ale Weier vun 9 Ar an engem Zonk vun 150 Meter ronderëm dëse Weiher. Dës Konventioun gouf den 19. Määrz 2020 tëschent de Besëtzer vun de betraffene Grondstécker an der Gemeng Reckeng op der Mess etabléiert, sou dass d'Gemeng iwwert des Terraine verfüge kann.

8. **Geneemegung vun engem Gemengereglement iwwert d'Allokatioun vun ordinäre Subsiden**
De Gemengerot geneemegt mat 8 Stëmmen an enger Stëmm dogéint d'Gemengereglement iwwert d'Allokatioun vun ordinäre Subside fir Veräiner aus der Gemeng an d'Allokatioun vun extraordinäre Subsiden am Fall vun engem Anniversaire vun engem Veräin. Den Här Marc Ludwig, dee sech ëm dësen Dossier gekëmmert, bestätegt dass dëst neit Reglement d'Veräiner an hiren Aktivitéiten ënnerstëtze soll an hir Realisatiounen an Erfolleger beloune soll. Dës ordinär Subside ginn an enger Attributiounstabell definéiert a ginn no der Aktivitéit um Gemengenterrain am Referenzjoer fixéiert. Se berifft sech op e Punktesystem, dee sech aus verschiddenen Elementer zesummestellt, ënner anerem den Aktivitéitsgrad an der Gemeng, d'Unzuel un aktive Memberen, vu Jonken a Senioren an d'Encadrementsfraise vum Veräin.

9) **Geneemegung vun éiweglafende Konzessiounsverträg vun de Reckenger Kierfechter**
De Gemengerot geneemegt eestëmmeg déi éiweglafend Konzessiounsverträg vun de Reckenger Kierfechter.

10) **Verschiddenes**

**Christian Tolksdorf (Schäffen):**
No ronn zwou Woche stelle mir fest, dass d'Schoul zu Reckeng a Saache „Schoul Doheem" („Homeschooling") gutt opgestallt an organiséiert ass. Natierlech ginn et verschidde Problemer a Verbindung mat der Kommunikatioun mat den Elteren a verschidden organisatoresch Problemer, mee loosst eis dem Educatiounsministère déi néideg Zäit ginn dës Direktiven, déi sech souwuel un d'Léierpersonal wéi och un d'Eltere wenden, ze verfeineren.

Als Gemengeverantwortlech musse mir souwuel d'Léierpersonal wéi och d'Elteren ënnerstëtzen. Et muss ee sech bewosst sinn, dass en „normalen" Unterrecht momentan onméiglech ass. Et ass och onrealistesch, dagdeeglech Online-Videocourse fir all Schüler zur Verfügung ze stellen. Dofir hu mir weder genuch Enseignanten, nach hunn d'Elteren ëmmer déi néideg informatesch Infrastruktur a Leeschtung zur Verfügung, fir dëser Situatioun gerecht ze ginn. Elteren, Léierpersonal a Politiker hu momentan eng duebel an dräifach Tâche, loosst eis eis géigesäiteg den Drock vun de Schélleren huelen. Loosst eis versichen, kloer a präzis an eisen Direktiven ze si fir domat Léierpersonal an Elteren ze verséceheren.

Am Numm vum Schäffen- a Gemengerot erlaben ech mir dem Léierpersonal Merci ze soe fir déi gutt Aarbecht, déi si fir eis Schüler an Eltere maachen.

Am Viraus e grousse Merci un eis Gemengeréit fir hir Mataarbecht an d'Transmissioun vun dësem Message.

# Sëtzung vum Gemengerot vum 26. Mäerz 2020: Eng ganz speziell Situatioun

## *Séance du conseil communal du 26 mars 2020: Une situatioun très spéciale*



D'Preparatioune lafen op Héischtouren: D'Dossiere leien op engem zentralen Dësch a jidderee ka se individuell konsultéieren. Bei den Ouschtereeër vun der ofgesotener Ouschtereeërsich konnt sech jiddereen zervéieren. /
*En pleine préparation: Les dossiers étaient disposés sur une table centrale et consultables par chacun, individuellement. Les oeufs de Pâques de de la „Ouschtereeërsich" annulée étaient disponibles pour tout le monde.*



Ufank vum Rapport a ganz spezielle Konditiounen: 5 Gemengeréit waren op der Plaz, 3 ware per Videokonferenz ageschalt an ee konnt via Prokuratioun mat ofstëmmen. /
*Début du rapport dans des conditions spéciales: 5 conseillers étaient sur place, 3 nous ont rejoint par vidéoconférence et un conseiller pouvait voter par procuration.*



Am Festsall um éischte Stack vum Pëtzenhaus zu Reckeng konnten déi néideg Sécherheetsdistanze respektéiert ginn. /
*La salle de spectacles du Centre Culturel Pëtzenhaus nous permettait de respecter les distances de sécurite.*

# JUGENDHAUS RECKENG
# MAISON DES JEUNES RECKANGE

2, rue de Roedgen • L-3961 Ehlange, Reckange-sur-Mess
+352 26374647 @ jugendhaus.reckange@croix-rouge.lu

croix-rouge luxembourgeoise
Mënschen hëllefen



facebook.com/jugendhausreckeng
croix-rouge.lu/de/reckange


**Wat ass e Jugendhaus?**
En Treff/Austausch fir Jonker ab 12 bis 26 Joer.

**Wat erwaart dech?**
Spiller, Aktivitéiten, Kachowenter, Sport, Workshops, Formatiounen a villes méi. Et ass och eng Plaz wou s du relaxen an dech wuelfille kanns. Wann s du Froen hues oder Hëllef brauchs, steet dir ëmmer een zur Säit. Weider Informatioune fënns du op eiser Facebook Säit an direkt am Jugendhaus.

**Mir sinn op:**
Dënschdes 14.00 – 19.00
Mëttwochs 14.00 – 19.00
Donneschdes 14.00 – 19.00
Freides 16.00 – 21.00
Samschdes 14.00 – 19.00
A Mëttwochs – Freides op RV

**Responsabel:**
Lola Fattori
+352 621 559 926
@ lola.fattori@croix-rouge.lu

Nieft den normalen Ëffnungszäiten wou s du kanns laanscht kommen vir mat Kollegen ze relaxen, Spiller ze spillen, Musek ze lauschteren, deng Hausaufgaben ze maachen oder de PC, d´Switch oder d´Playstation ze benotzen (a villes méi), mécht d´Jugendhaus och reegelméisseg Aktivitéiten. De Programm vum Mount kennt ëmmer un d´Dier hänken, läit am Jugendhaus an kanns du op Facebook fannen. Am einfachsten ass et, wann s du einfach laanscht kënns an kucks wat et Neies gëtt. D´Aktivitéiten an Projet´en ginn un dech ugepasst an du kanns gären deng Iddien an Virschléi mat abréngen. Freides Owes gëtt normalerweis zesumme gekacht, wa mer net ënnerwee sinn. Vir di aner Aktivitéiten déi all Mount änneren, solls du dech am beschten am viraus umellen. Da kriss du och all d´Informatiounen dozou.





# dohigekuckt / *coup d'œil*

**11.01.2020: Personalfeier vun der Gemeng Reckeng op der Mess / Fête du personnel de la commune de Reckange-sur-Mess**

Mat den DJs Kinch a Petz vu Chic Events / *Avec les DJs Kinch et Petz de Chic Events*








**04.02.2020: Déi lescht Momenter vum alen Haus an der rue de la Montée.**

Et huet Plaz gemaach fir déi nei Maison Relais /

*Les derniers moments de la vieille maison de la rue de la Montée. Elle a cédé sa place pour la nouvelle maison relais.*

**01.03.2020: Buergbrenne vun de Lampecher Fliichteschësser /**

*Fête des brandons des Lampecher Fliichteschësser*









# 19.01.2020: Auditioun vun den UGDA-Museksschüler / *Auditions des élèves de musique de l'UGDA*

Déi jonk Museksschüler aus der UGDAs-Museksschoul vu Reckeng op der Mess hunn erëm eng Kéier hiert Talent virun engem engagéierte Publikum ënner Beweis gestallt. D'KultuReck a.s.b.l. hat, an Zesummenaarbecht mat der Reckenger Musek a.s.b.l., op déi schonn traditionell Auditioun vun de Museksschüler an de Centre culturel Pëtzenhaus invitéiert. Matgemaach hunn d'Klasse vun der Initiation musicale vun der Madamm Marina Gönen, d'Solfège-Klasse vum Här Gilles Noesen, d'Flütte-Klass vun der Madamm Maria Miteva, d'Klarinette-Klass vun der Madamm Vanessa Venturi, d'Saxophons-Klass vun der Madamm Michelle Van Dijk, d'Klass vun de Blechinstrumente vun der Madamm Marina Gönen an d'Pianos-Klass vun der Madamm Lauriane Lagny Delatour. Entschëllegt war d'Perkussiounsklass vum Här Kevin Nasshan.
Als Ofschloss huet dann d'Reckenger Musek zesumme mat de Schüler, ënnert der Direktioun vum Germain Thomas, de jonke Schüler gewise wéi ee säin Instrument spéiderhin am Ensemble asetze kann. Bei Geleeënheet vun dëser Auditioun goufen och d'Diplomer vum Schouljoer 2018-2019 vum Buergermeeschter Carlo Muller un d'Schüler iwwerreecht. Et waren insgesamt 60 Diplomer ze verdeelen. Dat Joer virdru waren et iwwregens 62 Diplomer. D'UGDA selwer konnt leider kee Vertrieder schécken an huet sech entschëllege gelooss.

*Les jeunes élèves de l'école de musique UGDA de Reckange-sur-Mess se sont de nouveau donné rendez-vous pour démontrer leur talent devant un public engagé. L'a.s.b.l. KultuReck, en collaboration avec l'a.s.b.l. Reckenger Musek, a organisé la désormais traditionnelle audition des élèves de musique au centre culturel Pëtzenhaus. Avec la participation de la classe d'initiation musicale de Madame Marina Gönen, la classe de solfège de Monsieur Gilles Noesen, la classe de flûte de Madame Maria Miteva, la classe de clarinette de Madame Vanessa Venturi, la classe de saxophone de Madame Michelle Van Dijk, la classe d'instruments à vent de Madame Marina Gönen et la classe de piano de Madame Lauriane Lagny Delatour. La classe de percussion de Monsieur Kevin Nasshan était excusée.*
*Pour clôre cet après-midi, la Reckenger Musek a, en collaboration avec les élèves de musique et sous la direction de Germain Thomas, montré aux jeunes élèves comment plus tard, intégrer son instrument dans un ensemble. À l'occasion de cette audition, Monsieur le bourgmestre de Reckange-sur-Mess Carlo Muller en a profité pour remettre les diplômes aux élèves de l'année scolaire 2018/2019. En tout, 60 diplômes ont été distribués, deux de moins que l'année dernière. L'UGDA quant à elle, n'a pas pu envoyer de représentant et prie d'être excusée.*



08.02.2020:

# Rockin' Mess goes local



The Recks



Thunder Road



TinniTuzz



Dog & Bone

De Rockin' Mess geet an déi 2. Ronn! Fir dës Editioun huet déi ganz Reckenger Rock-Szeen sech op der Bühn vum Pëtzenhaus d'Instrumenter an d'Hand gedréckt. Eis lokal Talenter konnten deen Owend, trotz der grousse Concert-Konkurrenz am Rescht vum Land gutt 100 Gäscht iwwerzeegen, dass hei d'Musek spillt. Déi jonk Newcomer The Recks hunn d'Zuschauer opgewiermt, Thunder Road an Dog & Bone hu se um Ball gehal a mat TinniTuzz hu se schlussendlech d'Danzbeen geschwong.

*Rockin' Mess, Round 2! Pour cette édition, toute la scène Rock de Reckange s'est passé les instruments sur la scène du Pëtzenhaus. Nos talents locaux ont réussi, malgré l'importante concurrence de concerts à travers le pays, à convaincre une bonne centaine d'afficionados de distortions. Les petits nouveaux The Recks ont suscité les premières vagues, Thunder Road et Dog & Bone ont maintenu la chaleur avant que TinniTuzz n'ouvre définitivement la piste de danse.*



Méi Fotoen op /
*Plus de photos sur*
**www.reckange.lu**

# 13.02.2020: Réunion commune des commissions consultatives

All Joer gi sech déi eenzel Kommissiounen aus der Gemeng Rendez-vous op enger grousser gemeinsamer Réunioun. All President kritt wärend engem Grappvoll Minutte d'Wuert an huet d'Méiglechkeet, d'Iddie vu senger Kommissioun z'erklären, déi aktuell Projeten z'erläuteren, ze réckblécken a sech ze projezéieren. Ëmmer der der Devise no, dass eisen Awunner hirt Wuelbefannen, hir Sécherheet an hire Spaass absolut Prioritéit ass.
Dës Réunioun erméiglecht eis awer och a virun allem, Gesiichter op déi ronn 100 Nimm ze setzen, déi eis Kommissiounen bilden. Op dëser an den zwou folgende Säite fannt dir déi meescht vun deene Gesiichter op ee Bléck.

*Tous les ans, les différentes commissions consultatives se donnent rendez-vous lors d'une grande réunion commune. Chaque président a à sa disposition une poignée de minutes pour présenter les idées de sa commission, de mettre en lumière les projets en cours, de jeter un coup d'œil en arrière et de se projeter. Le bien-être, la sécurité et le divertissement de nos concitoyens en sont la préoccupation principale.*
*Mais cette réunion nous permet aussi et avant tout d'attribuer des visages à la centaine de noms et prénoms qui constituent les commission. Nous vous présentons la plupart de ces visages sur cette page et les deux pages suivantes.*

## Tous les présidents des commissions


Dominique Da Costa, agriculture



Raymond Bonaria, bâtisses


Germain Thomas, culture


Esther Schortgen, écologie et jeunes


Filipe Trindade, intégration


Patrice Joachim, jeunes (f.f.)


Marc Ludwig, mobilité


Tessy Loutsch, scolaire (f.f.)


Robert Leclerc, sports


Nicole Thorn, 3e âge


Carlo Muller, bourgmestre





## Commission de l'agriculture



D.g.à d.: Nico Wester, Jacky Van De Sluis, Richard Stull, Dominique Da Costa (Président), Laurent Raus, Robert Leclerc. (Excusés: Nicole Kreis (Secrétaire), Nico Hoffmann, Johny Waltzing, Guy Majerus)

## Commission des bâtisses



D.g.à d.: Arsène Guerkinger, Jean-Joseph Jankowski, Raymond Bonaria (Président), Gilles Schoder (secrétaire), Fernand Delage, Steve Gaertner, Romain Mosar. (Excusés: André Ludovicy, Fränk Rollinger, Steve Weyland)

## Comité à la culture / KultuReck a.s.b.l.



D.g.à d.: Julien Primout (Secrétaire), Germain Thomas (Président), Mirko Soisson, Marie-Jeanne Linckels, René Heischbourg, Milly Hames, Patrick Lucas, Guy Backes. (Excusés: Cyprien Ramaekers, Christian Tolksdorf)

## Commission écologique



D.g.à d.: Christiane Zügel-Jung, Patrick Weides, Pol Majerus, Laurent Hames, Esther Schortgen (Président), Tim Drauth (Secrétaire), Nicole Haeck, Sonja Heyard-Ries, Romain Weicherding. (Excusé: Carlo Bosseler)

## Commission de l'intégration



D.g.à d.: Deborah Chamier-Unwin, Veronique Gobert (Secrétaire), Dominique Da Costa, Walter Curridor (Suppléant), Suzette Schmit (Suppléant), Marie Nicole Kridel-Koch (Suppléant), Filipe Trindade (Président), Carlo Muller, Sophie Dreisbach, Marlène De Vries. (Excusés: Reinhard Bilo (membre), Cyrpien Ramaekers, Sandra Tarpani, Tolksdorf Christian (suppléants))

## Commission des jeunes



D.g.à d.: Patrice Jpachim (Présidente f.f), Carlo Muller, Magali Jacob (Secrétaire), Esther Schortgen (Présidente), Christine Gobert, Marc Ludwig, Pol Majerus Serge Haupert, Sonja Ries ép. Heyard. (Excusée: Malou Braun)

## Commission de la mobilité



D.g.à d.: Jean-Marie Bodé, Serge Vermeulen (Secrétaire), Marc Ludwig (Président), Aloyse Heyard, Steve De Bernardi, Jérôme Hury (Excusés: Christian Tolksdorf, Lucien Franck, Nico Lietz, Marc Reuter)

## Commission scolaire



D.g.à d.: James Thomes (Secrétaire), Tessy Loutsch, Isabelle Sabidussi, Norbert Mathieu. (Excusés: Christian Tolksdorf (Président), Kevin Coimbra Lopes, Sandra Tarpani, Nadine Willems, Anne Schmit, Martine Peters)

## Commission des sports



D.g.à d.: Gilles Ewert, Christian Risch, Akim Schmit, Robert Leclerc (Président), Frank Kaulmann, Christiane Mikos, Colette Johann, Gary Clement, Fabienne Del Degan (Secrétaire). (Excusé: Jean-Marie Ersfeld)

## Commission du 3e âge



D.g.à d.: Elfy Disiviscour, Tania Dewalque, Helena Ronovská, Sylvie Pappone, Suzette Schmit, Nicole Thorn (Président), Sonja Ries ép. Heyard, Jenny Mannes (Secrétaire), Marie Nicole Kridel-Koch. (Excusée: Yvonne Schwartz)

# 26.02.2020:
# Sensibilisatiounskampagne fir d'Automobilisten, déi bei der Barrière vun Dippech-Gare stinn. / *Campagne de sensibilisation des automobilistes arrêtés devant la barrière de Dippach-Gare*

Well de Bau vum Contournement vun der Dippecher Gare ëm e Joer no hanne geréckelt gouf, hu sech de Schäfferot vu Reckeng op der Mess an Dippech, sou wéi eng Rei fräiwëlleg Awunner zesummefonnt fir d'Automobilisten, déi bei der Barrière waarden, ob d'Nuisancen opmierksam ze maachen, deenen d'Awunner Dag fir Dag ausgesat sinn. Op béide Säite vun der Barrière ass et zu engem konstruktiven a pro-aktiven Austausch mat den Automobiliste komm, déi vill Versteesdemech fir d'Awunner a fir den aktuellen Enkpass gewisen hunn.

*Comme la construction du contournement de la barrière de Dippach-Gare a été reportée d'une année, le collège échevinal de Reckange-sur-Mess et de Dippach, accompagnés de certains riverains volontaires, se sont prêtés main forte pour sensibiliser les automobilistes, arrêtés à la barrière, aux nuisances auxquelles ils exposent les riverains jour après jour. De part et d'autre de la barrière, des discussions constructives ont eu lieu avec les automobilistes, qui ont témoigné de beaucoup de compréhension pour les habitants et pour la situation critique actuelle.*









# 27.02.2020:
# Demonstratioun vun den informateschen Installatiounen an der Reckenger Schoul /
# *Démonstration des installations informatiques à l'école fondamentale de Reckange*



D'lescht Joer gouf eis Grondschoul mat modernen informateschen Installatiounen ausgestatt, déi säit deem Dag fir Dag vu Léierpersonal a Schüler gefuerdert ginn. De Schäfferot wollt sech dëst Material an Aktioun ukucken an d'Léierpersonal huet dovu profitéiert fir dësen, am Kader vun hirem Unterrecht, zur Schau ze stellen. Projektiounstafelen an d'Dokumentekamerae gi reegelméisseg benotzt wann et drëms geet, d'Kuere spilleresch ze gestalten. Mee och iMacs, MacBooks an iPads sti grouss an der Gonscht vu de klengen a groussen digitale Fans.



*L'année dernière, l'école fondamentale de Reckange a été équipe par des installations informatiques modernes qui depuis, sont sollicitées au quotidien par les enseignants et les élèves. Le collège échevinal a désiré voir le matériel en action et les enseignants en ont profité pour le mettre en valeur dans le cadre de leurs cours. Les tableaux de projection ainsi que les caméras à documents entrent en jeu fréquemment, dès qu'il s'agit de leçons ludiques. Mais aussi iMacs, MacBooks et iPad font le bonheur de petits et grands amateurs digitaux.*






Administration communale de Reckange-sur-Mess

# AVIS

Il est porté à la connaissance du public que le conseil communal de Reckange-sur-Mess, en sa séance du

19 décembre 2019, a **prorogé les heures d'ouverture jusqu'à 3 heures du matin de tous les débits de boisson de la commune pour des nuits déterminées de l'année 2020**, décision visée par Madame la Ministre de l'Intérieur le 3 janvier 2020.

Le texte de cette délibération est à la disposition du public à la maison communale, où il peut en être pris copie sans déplacement.

Reckange-sur-Mess, le 16 janvier 2020.

**Carlo Muller, bourgmestre**
**Robert Leclerc, échevin**
**Christian Tolksdorf, échevin**

Administration communale de Reckange-sur-Mess

# AVIS

Il est porté à la connaissance du public que le conseil communal de Reckange-sur-Mess, en sa séance du

6 février 2020, a **modifié le règlement communal concernant l'exploitation d'un cimetière forestier sis dans la forêt communal de Dippach, au lieu-dit «Op Diedenuëscht»**, décision visée par Madame la Ministre de l'Intérieur le 19 février 2020, référence 322/20/CR.

Le texte de ce règlement est à la disposition du public à la maison communale, où il peut en être pris copie sans déplacement.

Reckange-sur-Mess, le 2 mars 2020.

**Carlo Muller, bourgmestre**
**Robert Leclerc, échevin**
**Christian Tolksdorf, échevin**


DI RE GA
Centre d'initiative et de Gestion Régional
DIPPACH-RECKANGE-GARNICH ASBL




**Aide ménagère**

- Aide régulière à domicile
- Support pour travaux de nettoyage
  - Salle de bain, cuisine
  - Suspension rideaux
  - Nettoyage de fenêtres



**Dans la maison**



- Bricolage
- Sanitaire
- Petites rénovations
- Enlèvement déchets encombrants

**Autour de la maison**



- Jardinage
- Travaux saisonniers

SERVICE DE PROXIMITÉ — SERVICES — PRIX & CONTACT

**Assistance à domicile pour personnes âgées de plus de 60 ans et / ou personnes dépendantes**

**Tel: 26 37 05 76**
**Fax: 26 37 06 82**
**E-Mail: info@direga.lu**

**Accompagnement:** Nouveau



- **Courses**
- **Aide administrative**
- **Visite chez le médecin**

**Médicaments**

- Livraison à domicile de médicaments.



**Prix**

- 13,22€ par heure / personne
- 3,05€ par heure / machine

Prix TTC.

- **Service de proximité**
  83, rue Jean Pierre Hilger
  L-4980 Reckange-sur-Mess
- **Heures d'ouverture**
  Du lundi au vendredi
  de 8.00 à 16.00 heures
- **N° TVA 2000 6100 466**

COMMUNE DE DIPPACH — COMMUNE DE RECKANGE SUR MESS — COMMUNE DE GARNICH

Administration communale de Reckange-sur-Mess

# AVIS

Il est porté à la connaissance du public que le conseil communal de Reckange-sur-Mess, en sa séance du

6 février 2020, a **modifié le règlement-taxe sur le prix de vente pour les repas sur roues à partir du 1er mars 2020**, décision approuvée par Madame la Ministre de l'Intérieur le 26 février 2020, référence 830xb4643/DW.

Le texte de cette délibération est à la disposition du public à la maison communale, où il peut en être pris copie sans déplacement.

Reckange-sur-Mess, le 5 mars 2020.

**Carlo Muller, bourgmestre**
**Robert Leclerc, échevin**
**Christian Tolksdorf, échevin**

**Bräucht dir en neie**

## biometresche Pass?

**Maacht är Demande direkt an der Receptioun vun der Gemeng!**

Bréngt är Carte d'identité mat, am Fall wou ären ale Pass, an d'**Preuve de Paiement** vu 50 € (resp. 30 €, je no Gültegkeetsdauer) op de Compte Chèque Postal vun dem Passbureau **IBAN LU46 1111 1298 0014 0000 (CCPLLULL)** mat der Kommunikatioun **Demande de passeport biométrique pour « prénom/nom »**

***Avez-vous besoin d'un nouveau***

## *passeport biométrique?*

***Faites votre demande directement à la réception de la commune!***

*Pensez à une pièce d'identité, le cas échéant votre ancien passeport et la* ***preuve de paiement*** *de 50 € (resp. 30 €, selon la durée désirée) sur le compte chèque postal du bureau des passeports* ***IBAN LU46 1111 1298 0014 0000 (CCPLLULL)*** *avec la communication* **Demande de passeport biométrique pour « prénom/nom »**

Méi Informatiounen / *Plus d'informations:*
**reckange.lu/informations-citoyens/demarches-administratives/passeport-biometrique**

Administration communale de Reckange-sur-Mess

# AVIS en matière d'urbanisme

### Plan d'aménagement général

Conformément à la procédure prévue pour les règlements communaux par l'article 82 de la loi communale du 13 décembre 1988, il est porté à la connaissance du public que

La délibération du conseil communal, portant sur l'**approbation du plan d'aménagement général de la commune de Reckange-sur-Mess**, lors de sa séance du 4 juillet 2019 a été approuvée par Madame la Ministre de l'Intérieur en date du 16 janvier 2020, référence 80C/016/2018.

La délibération du conseil communal, portant sur l'**approbation des plans d'aménagement particulier «quartier existant»** (PAP QE), lors de sa séance du 4 juillet 2019 a été approuvée par Madame la Ministre de l'Intérieur en date du 16 janvier 2020, référence 18434/80C.

Le PAG et les PAP-QE sont à la disposition du public, au service technique et sur le site internet www.reckange.lu.

Ils deviennent obligatoires trois jours après leur publication.

### SUP - incidences de certains plans et programmes sur l'environnement

Conformément aux dispositions de l'article 10 de la loi du 22 mai 2008 relative à **l'évaluation des incidences de certains plans et programmes sur l'environnement**, il est porté à la connaissance du public que la décision du 4 juillet 2019 du conseil communal de Reckange-sur-Mess, portant adoption du plan d'aménagement général, parties écrites et graphique, a été approuvée par Madame la Ministre de l'Environnement, du Climat et du Développement durable en date du 7 octobre 2019, référence 86614/PS-mb.

En conformité de l'article 10 de la prédite loi, les documents sont publiés sous forme électronique sur le site www.reckange.lu et consultables au service technique.

Reckange-sur-Mess, le 5 mars 2020

Pour le collège des bourgmestre et échevins

| | |
|---|---|
| Carlo MULLER<br>Bourgmestre | Savas KOROGLANOGLOU<br>Secrétaire communal |

# Mir gratuléieren



**PACS / 30. Dezember 2019**
Lola Ayodele & Patrick Lucas



**Hochzäit / 1. Februar 2020**
Anne Metzler & Jérôme Theis



**Hochzäit / 20. Februar 2020**
Kateryna Shvydka & Lee Schlesser

# 85 Joer / *85 ans*

## Félicitatiounen! / *Félicitations!*



Eise "Stack-Éilenger" Norry krut 85 Joer. Fir esou e schéinen Alter ze éieren huet sech de Schäffe-rot vun der Gemeng Reckeng op der Mess mam Norry am Beetebuerger Altersheim ge-traff wou seng Fra, d'Margot wunnt. Sou konnte si zesumme mat hire Kanner Sylvie a Guy an deenen hir Partner Gilbert a Paulette feieren. No dësem flotte Rendez-vous ass d'Rees zeréck op Éileng gaangen, wou am Simon's Bistro bei engem Patt an engem Maufel bis an den Owend era gefeiert gouf.

No der Akerbauschoul a sen-gem Service beim Militär war den Norry 10 Joer laang als Bauer aktiv, éier hien dunn op d'ARBED zu Schëffleng schaffe gaangen ass. Den 19. Mee 1959 huet hee sech mam Margot bestuet. Heen huet 2 Kanner, d'Sylvie an de Guy an 3 Enkelkanner, d'Cynthia, de Jeff an den Tom.

Administration communale
de Reckange-sur-Mess

# Engagement d'étudiant(e)s pendant les vacances d'été

Pendant les vacances d'été 2020, entre le 20 juillet et le 11 septembre, 16 élèves et étudiants pourront s'inscrire auprès de l'Administration Communale, pour une durée de deux semaines consécutives, afin d'effectuer divers travaux dans le service technique communal aux conditions suivantes:

1. Les candidats doivent être nés entre le 17.09.1998 et le 15.07.2004 et être domiciliés dans la commune de Reckange-sur-Mess.
2. Les mineurs d'âge soumettront le consentement écrit des parents ou tuteurs.
3. Les candidats remettront une demande accompagnée d'un certificat de scolarité de l'année scolaire 2019/2020.
4. Dans la demande les candidats pourront indiquer les semaines pendant lesquelles ils/elles seront disponibles.
5. L'embauchage et l'indemnisation des élèves se feront aux termes de la loi du 31.07.2006 concernant l'occupation d'élèves pendant les vacances scolaires.
6. Les candidats seront occupés dans le service technique. Priorité sera donnée aux nouveaux candidats. Le lot décidera.
7. Le collège des bourgmestre et échevins fixera les travaux que les candidats devront effectuer.
8. Les candidats donneront suite aux instructions reçues par leurs supérieurs hiérarchiques.
9. Toutes autres dispositions, non spécialement prévues ci-dessus, sont réglées par la loi du 31.07.2006 concernant l'occupation d'élèves pendant les vacances scolaires.

## Inscription

Je soussigné(e): ______________________ Tél. privé: ______________

Domicilié(e) à: ______________________ Tél. portable: ______________

______________________ E-mail: ______________

N° du compte bancaire: IBAN ______________________ Banque: ______________

Sollicite par la présente une occupation par la Commune de Reckange-sur-Mess en qualité d'étudiant(e) pendant les vacances d'été 2020 aux conditions énumérées ci-dessus.

J'ai déjà été occupé(e) auprès de la commune: ☐ Oui (année: _____ ) ☐ Non

Je serai disponible pendant les périodes suivantes (cases à cocher)

☐ 20.07. au 31.07. ☐ 03.08. au 14.08. ☐ 17.08. au 28.08. ☐ 31.08. au 11.09.

**A joindre:** un bulletin ou un certificat d'inscription scolaire de l'année scolaire 2019/2020.

______________________ ______________________

Signature Signature du Titulaire (mineurs)

La fiche d'inscription est à remettre au plus tard pour le **22.05.2020** à l'Administration Communale sise 83 rue Jean-Pierre Hilger, 4980 Reckange-sur-Mess. Dû à la situation actuelle de la pandémie, le tirage au sort se fera à huis-clos.

83, rue Jean-Pierre Hilger
L-4980 Reckange-sur-Mess
Tél 37 00 24-1 Fax 37 00 24-21
*www.reckange.lu*



# LE DÉTECTEUR DE FUMÉE


# est obligatoire

# depuis le 1er janvier 2020

La loi relative à l'installation obligatoire de détecteurs autonomes de fumée pour les immeubles comprenant au moins un logement a été votée par le parlement en date du 19 novembre 2019 et est entrée en vigueur le 1er janvier 2020.

Depuis cette date l'installation de détecteurs autonomes de fumée est obligatoire pour les nouvelles habitations, ceci au niveau des chemins d'évacuation et chambres à coucher. D'ici trois ans l'obligation s'étendra à l'intégralité des habitations du pays.

## QUELQUES POINTS IMPORTANTS À RELEVER



### Pourquoi l'installer ?

- En cas de fumée, il déclenche rapidement une alerte sonore et vous fait gagner du temps pour évacuer et appeler les pompiers au 112, surtout la nuit.

### Quels bâtiments ?

- La loi s'applique à tous les immeubles comprenant au moins un logement

### Quand ?

- Elle s'applique depuis le 1er janvier 2020 aux nouvelles constructions
- Elle s'appliquera d'ici trois ans à toutes les habitations du pays

### Qui ?

- L'installation incombe au propriétaire ou au syndicat des copropriétaires
- L'entretien incombe à l'occupant du logement ou au syndicat de copropriétaires

### Quel(s) détecteur(s) ?

- Le détecteur doit être certifié conforme à la norme harmonisée et être muni d'un marquage CE

### Où ?

- Au niveau des chemins d'évacuation
- Dans chaque chambre à coucher

**Plus d'informations - www.rauchmelder.lu • Des questions ? - rauchmelder@cgdis.lu**

LE GOUVERNEMENT DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Intérieur

CORPS GRAND-DUCAL INCENDIE & SECOURS

# Manifestatiounskalenner

*9. Juni 2020*
**Kaffisstuff**
*Wou: Centre Culturel „Pëtzenhaus"*
*Organisatioun: Senioren 2002*

*20. Juni 2020*
**Coupe Scolaire**
*Wou: Schoulhaff Kleesebierg*
*Organisatioun: APERM*

*22. Juni 2020*
**Veille de Fête Nationale**
*Wou: Gemengenatelier*
*Organisatioun: Gemeng Reckeng op der Mess*

*4. Juli 2020*
**Schoulfest**
*Wou: Schoulhaff Kleesebierg*
*Organisatioun: Schoul Kleesebierg*

*14. Juli 2020*
**Kaffisstuff**
*Wou: Centre Culturel „Pëtzenhaus"*
*Organisatioun: Senioren 2002*

*27. Juli 2020*
**Vespa on Tour**
*Wou: Départ zu Piisseng um 9.00 Auer*
*Organisatioun: Macchina d'Epoca*

*27. Juli 2020*
**Tournoi de Pétanque**
*Wou: Parking Mess Café*
*Organisatioun: LSAP Reckeng/Leideleng*

*11. August 2020*
**Grillfest vun de Senioren**
*Wou: Centre Culturel „Pëtzenhaus"*
*Organisatioun:Senioren 2002*

*14-16. August 2020*
**Lampecher Kiermes**
*Wou: Lampech*
*Organisatioun: Lampecher Fliichteschësser*

*1. September 2020*
**Kaffisstuff**
*Wou: Centre Culturel „Pëtzenhaus"*
*Organisatioun: Senioren 2002*

*19. September 2020*
**World Cleanup Day 2020**
*Wou: Gemeng Reckeng op der Mess*
*Organisatioun: Gemeng Reckeng op der Mess & Ëmweltkommissioun*

*25. September 2020*
**Mullenowend**
*Wou: A Millesch zu Lampech*
*Organisatioun: Déi Lmpecher Fliichteschësser*

*26. September 2020*
**Grouss Kleedersammlung**
*Wou: Gemengenatelier*
*Organisatioun: Kommissioun vum 3. Alter*

*26. September 2020*
**Urban Cyclocross by Night**
*Wou: Reckenger Duerfkär*
*Organisatioun: Le Cycliste 23 Tétange & Sportskommissioun*

Wéint der aktueller Krisesituatioun kann d'Gemeng Reckeng op der Mess keng Garantie dofir ginn, dass dës Manifestatioune bestoë bleiwen. Mir bieden ëm ärt Versteessdemech. /
*Dû à la situation de crise actuelle, l'administration communale de Reckange-sur-Mess ne peut donner aucune garantie quant au maintien de ces manifestations. Nous vous remercions pour votre compréhension.*

Administration communale
de Reckange-sur-Mess